

nach ëmmer soen: „Mir als Regierung fannen dat net gutt.“ Mee datt mer soen, et géif just nach iwwer Motiounen ofgestëmmt, esou wéi d'Majoritéit dat elo uklénge gelooss huet, déi kloer an de Kompetenzberäich vu Ministere falen, déi grad uwiesend sinn, dat ass keng gutt parlamentaresch Aarbecht! An dat wëll ech awer ganz kloer gesot hunn, datt ech mech deem net kann uschléissen. An deemstspriechend wäerte mir op alle Fall weider bei eisem Vott bleiwen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.

Da komme mer elo zum Vott iwwert dës Motioun.

Vote sur la motion 1

Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 28 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme a kenger Abstentioun ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galle, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf) et Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

4. Ordre du jour

Ier mer elo zum nächste Projet de loi kommen, wëll ech soen, datt proposéiert gëtt, datt mer just dee Punkt de Moien nach evakuéieren. Da wäert dat ongeféier bis 13.00 Auer daueren. Da géife mer Mëttespaus maache bis 14.30 an da géife mer dann duerno mat deenen anere Punkte vum Ordre du jour virufueren.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

5. 8033 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 8033 iwwert de Cannabis. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert kritt de Rapporteur vum dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, no laange Jore vu Repressioun a Verbuet betriede mer mat dësem Projet de loi Neiland an der Lëtzebuurger Drogepolitik an erlaube souwuel den Ubau wéi och de Konsum vu Cannabis am Privatberäich ënner gewësse Konditiounen, op déi ech nach wäert zrëckkommen.

(Brouhaha)

Här President, et ass Rumouers am Sall.

M. Fernand Etgen, Président | Dat kenne mer vu gëschter. Ech widderhuelen eng Käier, datt et immens schwéier ass, wann een hei uewe steet an et muss ee schwätzen an et gëtt op alle Borde geschwat. Dat ass net esou einfach, besonnesch wann d'Sitzunge méi laang daueren. Fir dann déi néideg Attentioun ze hunn, dat ass immens schwéier.

Also, ech bieden ëm méi Andacht!

Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice | Villmools merci, Här President.

De Projet de loi, deen ech dann elo virstellen, berout op der fundamentaler Feststellung, datt d'Repressiouns- an d'Verbuetspolitik aus de leschte Joerzénge en Echec war, en Echec an deem Sënn, datt souwuel de Konsum wéi och den illegale Verkaf vu Cannabis um Schwaarzmaart floréiert huet an trotz Repressioun an trotz Verbuet net erofgaangen ass, mee erop.

Mëttlerweil ass de Cannabis fir net medezinnesch Zwecker, dat heescht, de rekreative Cannabis, déi meescht konsuméiert illegal Drog iwwerhaupt zu Lëtzebuerg, gradewéi och an anere Länner.

Mat dësem Projet de loi kuckt d'Regierung där Realitéit an d'Aen a setzt op d'Eegeverantwortung vun den erwuessene Konsumenten amplaz op Repressioun, asoufern et sech ëm kleng Quantitéite vu manner wéi dräi Gramm handelt.

Wéi d'Regierung et an der Vergaangenheet reegelméisseg ënnerstrach huet, geet et dobäi ganz sécher net drëms, de Cannabis ze verharmlosen, ze banaliséieren oder ze promouvéieren, wat säi Konsum betrëfft. Et geet der Regierung, a virun allem der Justizministesch Sam Tanson, mat dësem Projet de loi eenzeg an eleng drëms, géint d'Drogekriminalitéit, géint deen domat verbonnene Mënschenhandel an aner kriminell Aktivitéiten a géint de Verkaf vu Cannabis um Schwaarzmaart virzegoen, an zwar doduerch, datt den Eegenubau dem Schwaarzmaart Clienten entzitt.

Enk domat verbonnen ass d'Recht vun de Konsumenten op Gesondheetsschutz duerch eng gutt Qualitéit vum Produit, déi och mat dësem Projet de loi ka garantéiert ginn. Datt d'Qualitéit vum Cannabis a sengen Derivéen um Schwaarzmaart ze wënschen iwwreg léisst duerch Veronrengungen, duerch bäigemëscht Substanzen a Streckungen, an dass dee Konsum méi gesondheetsschiedlech ass wéi de Konsum vu Cannabis a gudder Qualitéit, ass ganz einfach eng Tatsaach, déi net méi bewise muss ginn. An och dat ass e wichtegt Argument vun der Regierung, fir dësen éischte Schratt a Richtung Legaliséierung ze maachen an domat och en Deel vum Koalitionsaccord ëmzesetzen, an dëst am Sënn vun der Santé publique.

An engem zweete Schrëtt soll duerno eng staatlech kontrolléiert Produktiounskette mat engem staatlech kontrolléierte Verkaf entwéckelt ginn, dëst innerhalb vun engem Konzept, dat am Virfeld a Form vun engem Eckpunktpeabeier mat der Europäescher Commissioun wäert diskutéiert ginn an dat der Chamber schonn an

enger Commissioun jointe a graffen Zich virgestallt ginn ass.

Well dëst Konzept, dat duerno an e Projet de loi soll afléissen, net Objet vun dësem Projet de loi ass, ginn ech net weider dorop an, an ech wëll natierlech och den Decisioun vum der follgender Regierung net virgräifen, well et wäert jo déi nächst Regierung sinn, déi iwwert d'Suite vun deem Konzept wäert decidéieren.

Egal wéi déi nächst Regierung zesummegeesat ass, schonn haut besteet e grouss Konsens, datt parallel zu dësem Projet de loi an zum Konzept, dat entwéckelt gëtt, op Sensibiliséierung an Informatioun gesat muss ginn. Et ass dat, wat déi aktuell Regierung mécht, mam Zil, d'Allgemengheet, a besonnesch déi Jonk an d'Kanner, iwwert d'Gesondheitsrisike vum Cannabiskonsum opzeklären an ze schützen, mat hannerdrun enger geziilter Begleedung vu gefäerdeten oder betraffene Jonken.

Aus Grënn vu Kanner- a Jugendschutz ass a bleift et deemno verbueden, Cannabis u Mannerjäreger weiderzerechen, Cannabis viru Jonken ze konsuméieren oder Cannabis als Mannerjäreger selwer unzebauen.

Domat sinn ech bei de wichtegsten Dispositiounen vun dësem Projet de loi ukomm, déi ech op dëser Plaz kuerz wëllt resüméieren. Wéi am Ufank gesot, gëtt den Ubau vu Cannabis exklusiv am Privatberäich erlaabt, dëst ënnert der Konditioun, datt d'Zuel vun de Planze sech maximal op véier pro Communauté domestique limitéiert.

Ënnert esou enger Communauté domestique versteet een déijéineg Persounen, déi zesummen an engem Foyer liewen an iwwer ee gemeinsame Budget verfügen, esou wéi de Staatsrot et proposéiert huet.

Wat den Ubau vun de Planzen ugeet, esou muss dee vun erwuessene Mënschen ausgefouert ginn. Den Ubau muss op Basis vu Cannabis-Som erfollegen, deem säin Etiquetage déi néideg Informatiounen iwwert den Hiersteller oder de Produzent, den Ziichter an iwwert d'Zuel vun de Semencé muss enthalen an doriwwer eraus eng sanitär Warnung iwwert d'Risiko vum Konsum.

Déi erlaabt Consommation gëtt hirersäits op groussjäreg Persounen an op de Privatberäich limitéiert, wéi ech et scho gesot hunn. Dat ass déi Plaz, wou eng Persoun ugemellt ass oder wou se gewéinlech wunnt.

Wichtig ass och ze wëssen, datt Cannabisplanzen net vum ëffentleche Raum oder vun anere Propriétéiten hier visibel däreffe sinn. Et ass deemno net erlaabt, op Plazen unzebauen, laanscht déi Foussgänger ënnerwee sinn oder wou d'Noperen e Blöck kënnen drop geheien.

Parallel zu dësen Dispositiounen kënn et zu enger Rei Ännerungen um Niveau vun de Sanktiounen, déi mam Besëtzt a Konsum vu klenger Quantitéit vu Cannabis am ëffentleche Raum verbonne sinn. Eng wichteg Ännerung bezitt sech op d'Detentioun, de Besëtzt, den Transport an d'Aquisitioun vu manner wéi 3 Gramm Cannabis am ëffentleche Raum. Se besteet doran, datt et zu enger Dekorrektionaliséierung kënn, dat heescht, datt eng betraffe Persoun net méi viru Geriicht ka kommen. D'Amende gëtt hirersäits op 25 bis 500 Euro erofgesat, an d'Méiglechkeet vun engem Avertissement taxé vun 145 Euro gëtt agefouert, wuel wëssend, datt et sech hei eenzeg an eleng ëm eng Quantitéit vu manner wéi 3 Gramm muss handeln.

Handelt et sech ëm eng Quantitéit vun iwwer 3 Gramm, da gëtt déi betraffe Persoun mat engem Drogendealer assimiléiert. De Recours op en Avertissement taxé ass an deem Fall ausgeschloss. D'Affär gëtt mat engem Procès-verbal sanktionéiert a fir méiglech penal Suiten un de Parquet weidergerecht.

Fir sämtlech Detailer a puncto Sanktiounen, Delaien a Prozedure verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport, dee säiteweis Dispositiounen dozou enthält. Zäitlech gesinn ass et net méiglech, déi alleguer hei virzustellen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kéim bei d'Avisen, déi zu dësem Projet de loi eragereecht gi sinn, ugefaange bei deenen zwee Avisa vum Staatsrot. Deen éischte staamt vum 14. Mäerz 2023, den Avis complémentaire vum 26. Juni (veuillez lire: vum 26. Mee) 2023.

Am initialen Text huet déi héich Kierperschaft sech un e puer Formulatiounen gestouss, déi eng Opposition formelle mat sech bruecht hunn, esou zum Beispill bei der méi kniwweleger Definitioun vum der Communauté domestique, wou d'Kommissioun déi Text-propos iwwerholl huet, déi ech virdrun erkläert hunn: Zesummen an engem Foyer wunnen an iwwer e gemeinsame Budget verfügen.

Doriwwer eraus huet de Staatsrot no Prezisiounen verlaangt, wat d'Ofgrenzung vum Privatberäich par rapport zum Terrain adjacent ugeet. An net zulescht huet den Text mussen ugepasst ginn, wat de Konsum vu Cannabis viru Mineure respektiv déi penal Sanktiounen ugeet.

De Staatsrot huet sech dann awer och d'Méi gemaach, an dat wëll ech ennersträichen, d'Systemer an d'Reegelen ze presentéieren a sengem Avis, déi an anere Länner am Beräich vum Cannabiskonsum an -ubau en place sinn. An dat huet e ganz am Detail gemaach. Interessant ass déi Recherche virun allem fir déi Leit, déi sech fir d'Theema interesséieren. An ech géif Iech dofir invitéieren, den Avis vum Staatsrot ze liesen, well e wierklech déi Systemer all presentéiert, déi international scho längst en place sinn an déi weisen, dass mer hei keen Alleingang maachen am internationale Kontext.

Zousätzlech Avisa koumen dann der Rei no vum Collège médical, vum Bezirksgericht Lëtzebuerg, vum Parquet vum Bezirksgericht Lëtzebuerg, vum ieweschte Gerichtshaff, vum Parquet général, vum Tribunal d'arrondissement vum Dikrech, vum Parquet vum Tribunal d'arrondissement Dikrech, vum der Chambre de Commerce a schlussendlech nach en Avis vum Parquet vum Stater Bezirksgericht mat engem Avis complémentaire, deen nogereecht ginn ass, wéi mäi schrëftleche Rapport scho finaliséiert war.

Well deen Avis net méi am Rapport konnt opgefouert ginn, si mer eis an der Kommissioun eens ginn, dass ech a mengem mëndleche Rapport haut kuerz drop aginn.

Virdu sief awer nach bemierkt, dass de Collège médical sech a sengem Avis natierlech méi op déi gesondheetlech Volete konzentréiert huet. Virun allem huet en op déi schiedlech Auswierkungen higewisen, déi vu Planze mat héijem THC-Gehalt ausginn, déi a sougenannten Indoor-Growboxe geziicht kënnen ginn.

An deem Kontext huet de Collège médical no méi Informatiounen am Etiquetage verlaangt an huet dann och seng Bedenken ugemellt, wat d'Konditiounen vum Ubau an d'Surveillance vum der Consommation am effentleche Raum ugeet.

D'Chambre de Commerce huet hirersäits bedauert, dass de Projet de loi keng Justifikatioun an Terme vu Santé publique enthält an huet eng Rei Froen opgeworf, wat déi international Konventiounen ugeet an d'Konformitéit dozou. Prinzipiell huet d'Chambre de Commerce sech awer mam Projet d'accord gewisen.

Déi juristesche Autoritéiten hu sech evidenteweis mat de juristesche Voleten auserneegeat. An hire jeeweilegen Avisen – dat waren der jo eng Hellewull – hu se eng ganz Rei Froen opgeworf, wat d'Konformitéit

vun dësem Projet de loi mat den internationale Konventiounen an déi konkreet Ëmsetzung vum Projet de loi ugeet. D'Detailer dozou fannt Der och am schrëftleche Rapport.

Bleift, wéi gesot, nach den Avis complémentaire vum Parquet vum Stater Bezirksgericht, deen den 22. Juni 2023 nogereecht ginn ass. An deem Avis widerhëlt de genannte Parquet seng Iwwerleeungen aus dem éischten Avis vum Oktober 2022, wat d'Communauté domestique an d'Plaz vum der Uplanzung betrëfft. Des Weidere weist en op d'Komplexitéit vum Projet de loi hin, wat d'Strofen ugeet an och op de Risiko vum de juristeschen Insecuritéite bei der Applikation vum Gesetz.

En anere Punkt, deen an dësem Avis complémentaire opgeworf ginn ass, bezitt sech op d'Enquêtes um Niveau vum Trafick vu Cannabis a vun der organisierter Kriminalitéit. An deem Kontext gëtt am Avis gefuerdert, dass d'Mëttelen, déi et erlaben, Enquêtes duerchzuféieren, verstärkt solle ginn.

Schlussendlech beschäftegt den Avis sech mat der Definitioun vum de Stupefianten a méi speziell der Definitioun vum Cannabis a weist op d'Risiken hin, déi sech hannert der Legaliséierung respektiv engem méiglechen Banaliséierung vum Ubau an der Consommation am Privatberäich verstoppen.

Wéi gesot, d'Positioun vum der Regierung hunn ech am Ufank erkläert a kommen net drop zrëck. D'Regierung gesäit et an Terme vu Santé publique a Schutz vum Konsument.

Bleift nach ze soen, dass dëse Projet de loi e längere Wee hannert sech huet no allen Diskussiounen, déi scho jorelaang gefouert gi sinn. Deposéiert gouf en den 22. Juni 2022, also virun eppes iwwer engem Joer, vum der Justizminister Sam Tanson. Den éischten Avis vum Staatsrot koum de 14. Mäerz 2023, also aacht Méint méi spéit, a säin Avis complémentaire de 26. Mee 2023. De 14. Juni vum dësem Joer hat ech dann d'Éier, zur Rapportrice ernannt ze ginn, an den 22. Juni (veuillez lire: den 21. Juni) huet d'Justizkommissioun mäi Rapport mat de Stëmme vum der Majoritéit ugeholl.

Dat gesot, ginn ech schonn direkt den Accord vum der grénger Fraktioun a wéilt och nach de Responsable vum Ministère e grouse Merci ausdrécke fir hir kompetent Berodung a Begleedung an der Kommissioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Josée Lorsché.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'éischt der Madamm Lorsché Merci soe fir e ganz prezisen an och, muss ech soen, ganz objektive Rapport.

Well dëse Gesetzesprojet, dee kéint een eigentlech iwwerschreien: „Und der Berg gebär eine Maus“, an dat ouni Nout an eigentlech och ouni Demande vum de Leit, ausser vläicht aus den eegene Reien.

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth (CSV) | An dat och nach an der Hetz, well elo just dëse Projet virgezu gëtt, ...

(Interruption)

... och ouni globaalt Konzept. Well an dem Regierungsprogramm, Dir Dammen an Dir Hären, huet dat nach ganz anescht geklongen. Do war vum enger

ganzer Cannabisliwwerkette rieds, déi awer elo net kënnt.

Den Här Staatsminister, deen huet 2018 nach gesot: „Mir huelen de Marché aus den däischteren Ecken eraus a protegéieren domat déi Leit, déi Cannabis consomméieren.“ An da sollt et parallel zu der Legaliséierung och nach Sensibiliséierungscampagnë ginn.

Dat Gesetz, dat mer haut hei hunn, dat gouf ëmmerhi vun dräi Ministeren op enger Pressekonferenz virgestallt. D'Madamm Lenert, déi sot do, dass d'Risiko vum Konsum mat dësem Gesetz erofginn. Et wier eng Approche de santé publique. Si schwätzt vum engem juristeschen Experiment. D'Madamm Tanson, déi sot, dass d'Drogekriminalitéit erofgeet, wat déi Jonk beschützt. An den Här Meisch seet, dass d'Leit méi responsabiliséiert gi fir hir eege Gesondheet. An de President vum der Justizkommissioun, den Här Charles Margue, dee schwätzt op enger anerer Plaz vum der Ambitioun vum dëser Koalitioun, fir dësen Text nach virun de Chamberswalen ze stëmmen.

Abee, mir géifen eis ganz éierlech dës Ambitioun éischter op anere Plaze wënsche wéi grad beim Cannabis, an ech mengen, ganz vill Leit am Land och. A mir fannen et ganz besonnesch, wéi ee sech eng eigentlech falsch Decisioun ka schéieren!

Här President, zum Gesetz selwer. Mir mengen, dass weeder déi politesch nach déi gesondheetlech oder juristesche Zilsetzungen hei erreicht ginn. A mir stinn domadder net eleng, well, d'Madamm Rapportrice huet et gesot, et gëtt eng ganz Hellewull vu kriteschen Avisen, vum Parquet, vum den Tribunalen, vum dem Staatsrot iwwer de Collège médical an anerer, soudass dat hei fir eis éischter e Windowdressing ass oder eng typesch Doftmark vu Blo, Rout a Gréng.

Mee der Rei no. Fir d'éischt déi politesch Ziler vu méi Sécherheet an engem bessere Jugendschutz. Mir mengen, dass mat dësem Gesetz d'Kriminalitéit éischter erop- wéi erofgeet. An de Parquet schwätzt a sengem leschten Avis, an d'Madamm Rapportrice ass och dorobber agaangen, éischter vu mafiöse Reseauen, déi kéinten op Lëtzebuerg kommen. Firwat?

D'Drogegesetz vum 1973, dat war kloer, well et eng ganz Rei vu Begrëffer iwwerholl huet, déi an internationale Konventiounen, notament den UNO-Konventiounen, festgeschriwwen waren. Hei kommen awer elo eng Hellewull vun neien an onklare Bestëmmungen derbäi, déi zweediteg an oft, wéi de Staatsrot et souguer seet, kontradiktöres sinn. Well e Grondprinzip vum Stroferecht ass eigentlech deen, dass d'Texter musse kloer sinn, soss hu mir juristesche Onsécherheet, an am Zweifelsfall muss de Richter dann ëmmer am Interessi vum dem Beschëllegten tranchéieren. An de Parquet, dee geet och a sengem Avis ausdrécklech dorobber an. Hie schwätzt vu mafiöse Reseauen, déi kéinten op Lëtzebuerg kommen. An ech zitieren: „Le projet risque certainement de rendre les enquêtes en matière de trafic de cannabis plus ardues en mettant les enquêteurs face à plusieurs procédures disparates. D'un autre côté“, schreift de Parquet, „il risque d'attirer les réseaux mafieux qui tentent à s'infiltrer dans les pays optant pour une certaine libéralisation en matière de stupéfiants et dépourvus des moyens juridiques pour contrecarrer l'influence de ces réseaux.“

Mir menge weider, dass mat dësem Gesetz och de Jugendschutz net gestärkt gëtt. Am Géigendeel! Mir ginn hei e kloert Signal un eis jonk Leit, dass et am Fong net esou wëll ass, eppes ze fëmmen.

Ech kommen herno nach am Detail dorobber zrëck. An dass mer da wëlle parallel grouss Sensibiliséierungscampagnë schalten, do stëmmen éierlech gesot

d'Dote mat de Wierder net iwwereneen. An dat ass grad bei jonke Leit fatal.

M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!

M. Gilles Roth (CSV) | An dësen Androck, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt och mat Fakte vun den zoustännegen UNO-Autoritéite confirméiert. Ech zitieren aus engem Rapport vum OICS (ndlr: Organe international de contrôle des stupéfiants), deem eigentlech d'Aen am Numm vun der UNO soll iwwert d'Drogen halen.

„Il semble“, steet an deem Rapport vum Joer 2022, also deem ass net vun anno Tubak, „que la légalisation du cannabis se traduise par une consommation accrue“, schreift d'UNO, „en particulier chez les jeunes, et une moindre perception du risque encouru.“

Une voix | Voilà!

M. Gilles Roth (CSV) | Dann zur Gesondheet. D'Gesetz huet jo och e gesondheetlechen Usaz a wëllt den Drogekonsum reduzéieren an domadder och déi éffentlech Gesondheet stäerken. An dat soen déi allermeeschte Stëmme am Ausland, datt dat schifgeet. Alle virop och do nach eng Kéier den OICS-Rapport: „La légalisation de l'usage non médical du cannabis fait croître la consommation et les problèmes de santé, sans réduire l'activité criminelle.“ Domat ass eigentlech alles an engem Saz gesot.

An dann zu der juristescher Analys, déi och net vill besser ass. De Gesetzesprojet huet, fir et ze vereinfachen, eigentlech dräi Haaptpunkten.

Éischters, ech kann als Erwuesenen elo stroffräi doheem véier Planze Cannabis an enger sougenannter „Hauscommunautéit“ uplanzen an de Cannabis och do stroffräi konsuméieren. D'Cannabispflanzen dierfen awer net vu bausse siichtbar sinn.

Zweetens, konsuméieren ech Cannabis op all anerer Plaz oder ginn ech mat manner wéi dräi Gramm – manner wéi dräi Gramm, dat ass net näischt! – erwëscht, da kréien ech eng Geldbous vu 25 bis 500 Euro. Wann ech awer dann direkt e Protokoll, dat heescht, e sougenannten „avertissement taxé“ – dat ass dat selwecht, wéi wann ech ze schnell fueren – vun 145 Euro bezuelen, dann ass alles ok.

An drëttens, bei méi wéi dräi Gramm kréien ech eng maximal Prisongsstrof vu sechs Méint an/oder eng Geldstrof vu maximal 2.500 Euro.

Zu der Legalisatioun vun deene véier Planze Cannabis um Balcon. Wann et iwwerhaupt sollt zu enger Kontroll kommen, wäert de Fräisproch „au bénéfice du doute“ wuel d'Reegel ginn. Fräisproch „au bénéfice du doute“, dat ass „im Zweifel für den Angeklagten“. Dat seet an engem Avis souguer de Parquet mat Verweis op d'Rechtsprinzippien an d'Rechtspriedung vun eise Cassatiounsgeriicht. E Strofgesetz, ech soen et nach eng Kéier, muss kloer verständlech a previsibel sinn! Näischt ass hei de Fall.

Well, Dir Dammen an Dir Hären, wat ass eng sougenannte „communauté domestique“ mat engem gemeinsamen Budget, also eng Hauscommunautéit mat engem gemeinsamen Budget? Wat heescht dat, wa méi Leit ënner engem Dag wunnen, mee mat getrennte Budgeten? Wien ass an esou enger Communauté domestique iwwerhaupt da stroferechtlech responsabel, wann ech net véier, mee fënnf Planzen um Balcon hunn?

Wéi ass et an enger Famill, wou erwuesse Kanner doheem wunnen, awer eng eege Pai hunn, an de pensionéierte Papp oder Bop, dee setzt do ze fëmmen? Wéi soll séchergestallt ginn, jo, wéi soll séchergestallt ginn, dass mannerjäreg – an dat fannen ech dramatesch! – Kanner net iertemlecherweis un de Cannabis knabbere ginn? An UNO-Rapporten – UNO-Rapporten! – weisen

op Problemer an den USA an a Kanada hin, wou souguer Kanner dru gestuerwe sinn.

(Interruption)

Jo. Wat heescht an der Praxis konkreet, ...

(Brouhaha)

... wat heescht an der Praxis konkreet, d'Planzen dierften net vun der Voirie publique (veuillez lire: Voie publique) aus visibel sinn? Well jee no Kierpergréisst, Dir Dammen an Dir Hären, vum Polizist, deem dat soll kucken, gesäit deem een eppes an deem aneren, deem e bësse manner héich gewuess ass, dee gesäit do näischt.

(Interruption)

Wéi soll dann déi Kontroll iwwerhaupt an der Praxis geschéien? Also, ech stelle mer vir, do ...

(Interruption)

... do kënt e Polizist, Dir Dammen an Dir Hären, deem huet e Verdacht, dee klappt seng Leeder eraus, klëmmt erop, hält d'Spektiv, kuckt, ...

Plusieurs voix | O!

M. Gilles Roth (CSV) | ... zielt: een, zwee, dräi, véier, fënnf. „A, elo“, seet en, ...

(Interruption par M. Dan Kersch)

... „elo hunn ech en!“ An dann, Här Kersch, da kënt en an e geet schellen. Jo, an da kritt en net opge-maach. Muss en dann en Durchsuchungsbefehl hunn? Oder seet en: „Et ass e flagrant délit!“? A wéi verhält et sech do mat der Protection du domicile?

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Dat ass net ze kontrolléieren! Dat ass dramatesch, dat do.

M. Gilles Roth (CSV) | Dat si konstitutionell, rechtlech Problemer. Well, éierlech gesot, Dir hutt elo gelaacht, mee et sinn eeler Affekoten, ...

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Dat ass iwwerhaupt net fir ze laachen!

M. Gilles Roth (CSV) | ... ech soen net „wäiss Mäner“, well dat ass jo scho bal diskriminéierend, déi kënne sech nach gutt erënneren. Wësst Der, wéi deemools den Adultère war, also d'Friemgoen, wéi dat nach eng Strofdot war? Da sinn d'Polizisten eragaangen an dann hu se gekuckt a getaacht am Bett. Dat ass kee Witz! Dann hu se festgestallt: „Es war noch Bettwärme vorhanden: demnach lag Ehebruch vor!“ Dat hei gëtt dee selwechten Zinglabumm.

(Hilarité)

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum gemeinsamen Budget. Wéi wëllt Der da feststellen, ob e gemeinsame Budget do ass oder net? Ginn dann d'Supermarchésrechnungen kontrolléiert, ob elo jiddwereen, deem an deem Haus wunnt, zu deem Budget bäigedroen huet?

Dir hutt elo gelaacht. Mee dat Ganzt, wat ech elo gesot hunn, dat sinn net Suppositiounen, mee dat sinn och eescht Argumenter, déi ënner anerem vun den Avisen, an Dir hutt se gelies, vum Parquet a vun den Tribunaler opgeworf goufen. Well, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Staatsanwaltschaft schonn net emol an der Theorie weess, wéi dat do soll applizéiert ginn, ma wéi sollen dann d'Polizisten, déi mat der Aufgab betraut sinn, fir d'Gesetz opzeweisen an unzeweisen an ze kontrolléieren, dat da maachen? Kréien déi Polizisten dann eng Fibel mat Gebrauchsanweisungen? „Handbuch zur Ermittlung der Cannabis-täter!“ Ech géif souguer soen: „Folklorebuch in drei Teilen. Die Polizei bittet um Ihre Mithilfe.“

Zweete Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech mat manner wéi dräi Gramm Cannabis op der Strooss

oder soss enzwoosch erwëscht ginn, da kommen ech mat enger Geldbous vu 25 bis 500 Euro – 25 bis 500 Euro! – dervun. Ech kann awer och e sougenannte „Protokoll“, en „AT“, kréien, wéi wann ech am Verkéier eigentlech ze séier gefuer wär. Blouss, bis dass et dozou kënnt, muss d'Police jo emol feststellen, dass ech manner wéi dräi Gramm Cannabis kaaft hunn oder bei mir hunn. De Parquet werft dës Fro och op, wéi een dat an der Praxis handhaabt. Lafen dann an Zukunft d'Poliziste mat enger Wo ronderëm? A wéi stelle se fest, dass ech konsuméiert hunn? Riche se dat? An der Reegel, dat ass och an den Avice vum Parquet festgehalen, kann een dat nämlech nëmmen duerch eng Blutprouf konkreet feststellen. Dat heescht, am Konkreete geet de Polizist dann hi mat senger Wo, sicht, hält de presuméierten Täter mat an d'Blutprouf – well dat muss e maachen –, an da bezilt de Konsument, wann déi ganz Prozedur fäerdeg ass. Da seet en: „Hei kriss de 145 Euro!“ An da fiert e gemittlech stroffräi erëm heem. Dat ass dat heite Gesetz!

Mir bekloen eis ëmmer, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer net genuch Polizisten hätten an eis Geriichter iwwerlaf wieren. An da féiere mer dat dote mat deem doten Zinglabumm an.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Gilles Roth (CSV) | Drëtte Punkt, Dir Dammen an Dir Hären: Bei méi wéi dräi Gramm Cannabis kann ech maximal sechs Méint Prisong an/oder eng Geldstrof bis maximal 2.500 Euro kréien. Wann ech Cannabis u Mannerjäregere verkafen, da kann d'Geldstrof bis 25.000 Euro eropgoen.

Bis elo stoungen heierop – dat kënt Der an dem aktuelle Gesetz noliessen, dat elo nach a Kraaft ass – eng Prisongsstrof vu fënnf bis zéng Joer an eng Geldstrof vun 1.250 bis 1.250.000 Euro. Dat ass ganz éierlech gesot eng geféierlech Verharmlosung vum Drogever-kaf u Mannerjäregere!

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Richtig!

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth (CSV) | E gehéieregen Ënnerscheed tëscht dem Usproch vu Schutz vu Mannerjäregere am Handeln an der Praxis. An eis Justizministesch, déi ëmmer gäre vun hirem Interessi vum Kand schwätzt, an do läit se och richtig, gehäit hei, muss ech soen, aus ideologesche Grënn genau déi Maximim iwwer Bord.

A wa mer scho beim Droit sinn, Madamm, virum Hannergrond vun der europäescher an internationaler Rechtslag ass et och net besser. Ganz au contraire, hei ass et souguer nach méi schlëmm. Well mir hunn zwee europäesch Texter a mir hunn dräi international Konventiounen. Dat ass d'Kaderkonventioun vun der Europäescher Unioun vun 2004, dat ass den Traité vu Schengen – den Traité vu Schengen! – an dat sinn, wéi gesot, déi sougenannten UNO-Drogekonventiounen.

A fir et kloer ze soen, d'Gesetz hei steet mat enger ganz grousser Warscheinlechkeet souguer a Kontradiktoun mat deenen internationale Konventiounen.

An dat ass och d'Konklusioun vun dem Staatsrot, an ech liesen dat: „En conclusion, et tout en reconnaissant que la doctrine n'est pas unanime en la matière, le Conseil d'État estime que, en procédant de la sorte, les auteurs du projet de loi risquent de s'exposer à la critique, au niveau international notamment, d'une possible non-confirmité de la législation envisagée avec le droit international.“

Well déi UNO-Konventiounen, déi gesi ganz kloer vir: „La culture, la production et la détention de stupéfiants constituent des infractions punissables lorsqu'elles sont commises intentionnellement.“ A fir dass et kloer ass,

seet de Staatsrot och, dass déi Konventioun „s'impotent au Luxembourg, à la fois en tant qu'État membre de l'Union européenne et en tant qu'État partie ayant signé, approuvé et ratifié les conventions internationales en question.“ An da kënn de Conseil d'État just zur Konkusioun, dass et wuel keng Sanktioun gëtt, wann ech dat mëssuechten.

Da wëllt ech och nach op e Punkt agoen, dass, wat de Konsum ubelaangt, den Aspect santé an d'Metastudien och ënnersicht goufen. An ech liesen Iech doraus vir: „Studien mit einem längeren Beobachtungszeitraum [zeigen], dass der Cannabiskonsum dort schneller gestiegen ist, wo Cannabis für Freizeit Zwecke legal ist.“ Punkt 1. Punkt 2: Et gëtt eng „Zunahme an Notaufnahmen für akute und chronische, cannabisbezogene Probleme bei Erwachsenen“. Punkt 3: „Durch die Legalisierung erhöht sich für Jugendliche [...] die subjektive Verfügbarkeit von Cannabis.“

Doriwwer eraus wäert och, Dir Dammen an Dir Hären, de Schwaarzmaart net verschwannen. Et ass och e Risiko vun engem Drogentourismus. An ech verweisen do nach eng Kéier op d'Convention de Schengen mat alleguer de méigleche Sanktiounen, déi mir och kéinten zu Lëtzebuerg riskéieren, dass eventuell d'Grenzen erëm zou kéinte gemaach ginn an dass och weiderhin de Cannabis als Astigsdrog ugesi gëtt. An d'Kriminalitéit wäert dobäi net erofgoen.

Zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Fir d'CSV ass et kloer: Mir striewe weiderhin eng gemeinsam europäesch Léisung un. An déi ass mat deem Gesetz net ginn. Am Géigendeel: Si gëtt ëmmer méi schwiereg. Dës Léisung muss virun allem mat eisen Nopeschlänner ofgeschwat ginn, soss riskéiere mer en Drogentourismus op Lëtzebuerg, mat alle Konsequenze fir eist Land. Mir refuséieren op jidde Fall als CSV eng Legaliséierung vum Cannabis am Alleingang, déi och nach géint internationalt Recht verstéisst. Dovun ofgesi refuséiere mir och Gesetz, déi méi Rechtsongesécherheete schafen, wéi se der léisen. A virun allem refuséiere mir och eng Verharmlosung vun dem Cannabis.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Gilles Roth (CSV) | D'Madam Lenert, eis Gesondheitsministesch, déi huet gesot, et wier en Experiment.

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Jo, dat mécht een net mat Kanner!

M. Gilles Roth (CSV) | En Experiment, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass e Versuch, e Versuch mat eiser Gesondheet a virun allem mat der Gesondheet vu jonke Leit. An dobäi soe bal all Etüden, ...

(Interruption)

... dass bis 25 Joer de Cannabiskonsum ...

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Eng Katastroph ass dat do!

M. Gilles Roth (CSV) | ... ka bleiwend Schied och am Gehier hannerloossen.

Plusieurs voix | Très bien!

(Coups de cloche de la présidence)

M. Gilles Roth (CSV) | An d'Laangzäitfolge sinn net ofzegesinn.

Et ass och e juristesche Versuch, deen och nach schifgaangen ass an och nach Rechtsongesécherheet wäert produzéieren.

Et ass zu gudder Lescht e politesche Versuch, vläicht och eng ideologesch Versuchung, fir véier Méint virun de Walen nach déi eege Basis ze bedéngen oder virun aus Torschlusspanik ze liwweren.

Plusieurs voix | Très bien!

(Coups de cloche de la présidence)

M. Gilles Roth (CSV) | Mee fir dese Versuch, fir dëst Experiment, ass de Sujet fir eis ze eescht a sinn d'Gefore fir eis Gesondheet, fir d'Sécherheet a virun allem de Rechtsstaat ze grouss.

Dëst Gesetz gehéiert eigentlech zu deene Gesetzer, déi eist Land a seng Leit definitiv net brauchen, well se se och emol net gefrot hunn. Et probéiert een, wéi de Cannabis och, eigentlech positiv Illusiounen ze produzéieren, an deem Fall keng neurologescher, mee politescher. Mee och déi si geféierlech, well et ass e Gesetz, dat Land a Leit kloer ka schueden, an dat op ville Pläng.

Aus all desen Ursaache wäerte mir géint dëst Gesetz stëmmen, och fir de kloer Message ze ginn, dass Cannabis net harmlos ass, scho guer net fir eis jonk Leit. Eist Land a seng Leit brauchen haut villes an deser Kris, awer sécher keng nei legaliséiert Drog!

An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Ganz richtig! Super geschwat! Net ze gleewen, dass keng Mamm a kee Papp déi aner Säit dergéint stëmmt.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Roth. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

M. Pim Knaff (DP) | Voilà, Här President, léif Kollegen, mat kleng Schrëtt woe mer eis un en neien Émgang mam Cannabis erun. 2001 krut Cannabis déi éischte Kéier en eegene rechtliche Statutt mat mander streng Strofe fir de perséinleche Besët an d'Consumatioun – also 2001 war dat.

2018 huet déi lescht Regierung den Asaz vu medezineschem Cannabis erlaabt, fir Patiente mat schwéiere chronischen Erkrankungen oder déi, déi ënner Kriibsen oder Multipler Skleros leiden, ze behandelen.

Haut gi mer nach ee Schrëtt weider. Mam Gesetzesprojet, dee mir haut stëmmen, erlabe mir et Erwuesenen, bis zu véier Cannabisplanzen bei sech doheim fir den Eegekonsum unzabauen. Consumméiert dierf dann och just doheim ginn. Op öffentleche Plaze bleift de Konsum weiderhi verbueden.

Ausserdeem reduzéiere mir d'Héicht vun de Strofen, wann een ënner 3 Gramm Cannabis an der Öffentlechkeet bei sech dréit. Amplaz vun 251 bis 2.500 Euro falen elo just nach Amendé vu 25 bis 500 Euro un.

Op déi weider Detailer vum Text muss ech net agoen, dat huet d'Josée Lorsché mat hirem exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport jo scho gemaach. Dofir op deser Plaz ze grouse Merci.

Ech wëll meng Zäit notzen, fir ze ënnersträichen, firwat mir op dese Wee vun engem méi oppenen Émgang mam Cannabis wëlle goen. Mir si jo net dat eenzeg Land, dat op dese Wee geet: Uruguay, Kanada a verschidden US-Bundesstaaten hunn op verschidden Aart a Weisen de Cannabis schonn zënter Längerem legaliséiert. Malta ass dat éischt europäesch Land, dat de Cannabis am Dezember 2021 legaliséiert huet. Och Däitschland schafft un engem Konzept.

Dese Émschwong ass keen Zoufall. Do ass enger-säits e Constat, dass d'Repressiounspolitick vun de leschte Joerzénge kee Succès hat. Den Drogekonsum geet weider kontinuierlech an d'Luucht. An dat ass och net verwonnerlech: Drog gëtt et praktesch esou laang wéi d'Mënschheet. Wann et an der Steenzäit nach meeschtens Champignone waren, da gräifen

d'Leit haut ëmmer méi och heefeg op syntheetesch Drogen zrëck.

D'Mënsche sichen no deem Rauschgefill aus ganz ënnerschiddleche Grënn a probéieren dofir allméiglech Substanzen aus. A fir un Drogen ze kommen, huele se och a Kaf, illegal Weeër ze notzen. De Verkauf vun Drogen ass esou zu engem vun deene lukrativste Geschäfte weltwäit ginn, dass sech net ënnerbanne léisst. Kriminell Bande fannen ëmmer nees nei Weeër, fir Drogen ze schmuggelen. Der Kreativitéit sinn do keng Grenze gesat.

A Cannabis bleift déi mat Ofstand am meeschte consumméiert Drog hei am Land. 2019, dat lescht Joer, fir dat zouverlässeg Donnéeë verfügbar sinn, hunn 23,3 % vun de 15- bis 64-Järegegen ugin, dass si scho Cannabis konsumméiert hunn. Et ass och déi Drog, vun där quantitativ am meeschte vun der Police oder der Douane confiscéiert gouf, nämlech iwwer 370 Kilo eleng 2019. Op zweeter Plaz läit den Heroin mat 6,4 Kilogramm.

Op deser Plaz wëll ech kuerz umierken, dass meng Fraktiounskollegin Carole Hartmann genee déi selwecht Zuelen an hirem Ried 2021 genannt huet, wou eng Interpellatioun zum Cannabis um Ordre du jour vun der Chamber stoung. An et ass ëmmer nach 2019 dat aktuellst Joer, fir dat Donnéeë virleien. Wa mir d'Drogesituatioun hei am Land awer effikass suivéiere wëllen, och am Kader vun deem Projet de loi, deen awer trotz allem e Paradigmewiessel an eiser Drogpolitik duerstellt, da brauche mir onbedéngt rezent Zuele vum Terrain. Wéi solle mir soss an Zukunft reagéieren, wa mir net wëssen, wat d'Auswierkungen um Terrain sinn?

Här President, nieft dem Versoe vun der Repressiounspolitick besteet beim Konsum vun illegalen Drogen anerersäits och en eschthafte Risiko, senger Gesondheet ze schueden. Natierlech sinn Drogen ëmmer schiedlech. Och en exzessive Konsum vun Alkohol oder Zigarette mécht krank a kann déidlech sinn. Mee well illegal Substanzen keng Qualitéitskontrollen ënnerleien, gi se extreem oft gestreckt oder esou manipuléiert, dass se nach méi süchteg maachen. Alkohol an Zigaretten ënnerleie genee dowéinst strenge Qualitéitskontrollen. An der Türkei zum Beispill ass Béier wéinst extreem héije Steieren zum Luxusproduit ginn. Vill Türke besuerge sech elo Alkohol um Schwaarzmaart. Deen ass awer heiansdo mat Methanol gestreckt – mat oft déidlechem Ausgang.

Als Konsument kann een dat beim Kaf vum Schwaarzmaart selbsterständlech net wëssen. Och am Cannabis, deen een op der Strooss ze kafe kritt, ass meeschtens méi wéi déi reng Hanfplanzen dran. Wann ee Chance huet, ass et mat normalem Tubak gestreckt. Wann ee Pech huet, dann inhaléiert ee Schungcrème, Wuess oder Hoerspray. De Schued um eegene Kierper ka mat Gras vum Schwaarzmaart em e Villfaches méi héich sinn, wéi wann d'Méiglechkeet besteet, d'Qualitéit ze kontrolléieren, sou wéi dat bei den akzeptéierten Alldagsdrogen Alkohol an Zigaretten eeben och de Fall ass.

Dese Gesetzesprojet huet domadder virun allem d'Zil, fir méi Sécherheet ze suergen. Andeems mir et erwuesene Residenten erlaben, fir den eegene Gebrauch Cannabis unzuplanzen, verréngere mir de Konsum vun illegalem Cannabis um Schwaarzmaart. An dat gëtt ëmmer méi relevant, well den THC-Taux um Schwaarzmaart an de leschte Joren extreem an d'Luucht gaangen ass. Wou den Taux 2010 nach bei 10 bis 11 % THC louch, goufe scho vereenzelt Prouwe confiscéiert mat engem Taux vun iwwer 50 %. Da ka schonn e geréng Konsum fuerchtbar Auswierkungen op d'Gesondheet hunn, souwuel psychesch wéi och kierperlech.

Och syntheetesch Cannabinoiden tauchen ëmmer méi heefeg op a kënnen duerch hir héich Konzentratioun zu Hospitalisatiounen féieren. Rezent huet eise Fraktiounsprésident, de Gilles Baum, genee zu esou engem syntheeteschen Cannabinoid eng Question parlementaire gestallt. Déi Produite sinn nämlech esou nei, datt se offiziell net als illegal Drog gëllen. Esou fale se duerch de Raster a kënnen da legal a Butteker verkaaft ginn, bis se eeben op déi offiziell Lëscht vun den illegalen Drogen opgeholl ginn. Mee kaum ass dat geschitt, ass déi nächst Drog schonn opgetaucht. Mir lafen der Saach hëlleflos hannendrun.

Wa mir de Leit awer elo d'Méiglechkeet ginn, hir eege Cannabisplanzen unzabauen, da brauche si net op syntheetesch Stoffe zréckzegräifen oder op de Schwarzmarkt a setze sech esou net méi dem kriminelle Milieu aus. Ausserdeem schränke mir esou den illegalen Handel an – wat och eis Police entlaascht – a reduzéieren d'Profitter vun der organisierter Kriminalitéit.

Här President, ech wëll awer kloer ënnersträichen, dass dëst Gesetz eng éischt Etapp hin zu enger méi moderner Drogenpolitik ass. Eis Ambitiounen leien awer méi héich. D'Zil ass, an Zukunft eng komplett Produktiouns- a Verkaufsketten am Land opzebauen, déi vun Staat reglementéiert a kontrolléiert gëtt. Op 14 staatleche Verkaufspunkte sollen d'Residenten dann ab 18 Joer bis zu 30 Gramm Cannabis de Mount kafe kënnen. Fir dohinner ze kommen, gëllt et awer elo mol, dës Etapp erfollegräich ofzeschléissen.

An eng méi oppen Drogenpolitik muss onbedéngt aktiv begleet ginn, mat Hëllef vu Sensibiliséierung a Preventiounsmesuren. Dowéinst begrëssen ech et ausdrécklech, datt ënnert der Leedung vum Claude Meisch de Schutz vun eise Kanner ganz uewen op der Prioritéitlëscht steet, well de Konsum vu Cannabis e Risiko ass a bleift. Cannabis ass keng Banalitéit!

D'Wirkung vum Cannabis ass vu ville Facteuren ofhängeg, zum Beispill vun der Manéier fir ze konsuméieren, vun der Dosis respektiv vum Taux vum THC, wéi och vun der Persoun selwer an hiren Erwaardungen zur Zäit vum Konsum. Amplaz vun engem High kann ee ganz séier an e schlechten Tripp falen. Dat geet oft Hand an Hand mat Schwindel, Otemproblemer, Häreklappen an Halluzinatiounen. Och psychotesch Symptomer sinn eng Méiglechkeet, virun allem wann ee schonn am jonken Alter ufänkt mat konsuméieren oder eng geneetesche Veranlagung huet.

Och hei gëllt awer, dass de Risk, esou psychotesch Symptomer ze entwéckelen, méi héich ass, wat den THC-Taux am Cannabis méi héich ass. Do spillt d'Qualitéitskontroll nees eng wichteg Roll, fir dës Risiken ze minimiséieren an déi gréisstméiglech Sécherheet ze bidden.

Mee all dës Risike si kee Grond, fir de méi oppenen Émgang mam Cannabis ze verdäiwelen. Legal Drogen wéi Alkohol an Zigaretten, jo souguer Zocker a Koffein, kënnen negativ op eis Gesondheet wirken, viropp dann, wann ee beim Konsum keng Mooss kennt.

A wann ee sech d'Auswierkungen vum Alkohol ukuckt, dann ass et am Fong verwonnerlech, firwat de Cannabis als illegal agestuift gëtt, den Alkohol awer net.

Une voix | Très bien!

M. Pim Knaff (DP) | De Virdeel vum Alkohol ass, datt en an eiser Gesellschaft kulturell ganz déif verankert ass, an dat, obwuel an Europa bis zu 3,3 Milliounen Mënschen am Joer opgrond vum Alkoholkonsum hiert Liewe verléieren. A 25 % vun alle Stroossenaccidenter sinn op Alkohol zréckzeféieren.

Doudeger no Cannabiskonsum sinn do dergéint extreem sielen. An Zukunft kéint déi Zuel eventuell

eropgoen, well den THC-Taux eeben ëmmer méi héich ausfällt, e wierklech pertinente Grond, den Handel vum Schwarzmarkt ze ënnerbannen an d'Qualitéit vum Cannabis ze kontrolléieren.

Mat dësem Vergläich wëll ech awer op kee Fall soen, datt Alkohol verbueden soll ginn – obwuel d'Héijung vum Mindestalter vu 16 op 18 Joer eng gutt Decisioun war. E Verbuet vum Alkohol hätt, wéi ech et schonn ugedeit hunn, nëmmen negativ Konsequenzen: e Schwarzmarkt mat gepanschte Produiten, déi d'Gesondheet vun de Leit schonn no eemolegem Konsum eeschthaft a Gefor brénge géifen.

All Drogen, op legal oder illegal, soll een am beschte guer net oder op d'mannst op eng responsabel Manéier konsuméieren. An dowéinst muss mer mat der Preventioun esou fréi wéi méiglech ufänken an Tabue brieche. En oppenen Dialog mat deene Jonken iwwert dës Risiken ass dowéinst enorm wichteg. De Curriculum am Fundamental an am Secondaire wäert esou am Kader vun enger Pilotphas adaptéiert ginn. De SCRIPT schafft jo dofir scho grad e puer Modüllen aus, déi schonn ab der Rentrée 2023/2024 integréiert wäerte ginn.

Am Lycée gëtt d'Suchtpreventioun gestärkt, engersäits duerch d'Mise en place vun engem Suchtkoordinator an alle Lycéeën, anersäits duerch e Guide zur Suchtpreventioun, en Aarbechtsoutil fir d'Interventioun bei Fäll vun Drogenkonsum oder -handel an de Schoulgebaier.

Zousätzlech wäert an Zesummenaarbecht mam Centre national de prévention des addictions de Sujet vu Cannabis mat 13 Projeten an de Jugendhaier thematiséiert an dat edukatiivt Personal forméiert ginn.

Mee och bei der erwuessener Bevëlkerung wäert e besonnescht Aemierk op d'Preventioun geluecht ginn. Ënner anerem wäert eng Laangzäitstrategie ausgeschafft ginn, déi d'Zil huet, d'„Konsumkompetenz“ vun de Bierger ze stäerken. Iwwer eng Hotline, déi am Oktober 2022 agefouert gouf, wéi och e WhatsApp-Service, deen zanter Abrëll 2023 existéiert, kënnen Froen zum Sujet Cannabis gestallt ginn.

An d'Gesetz leet jo och ganz kloer fest, datt, och wann et erlaabt ass, Cannabis bei sech doheem unzabauen, d'Mineuren op kee Fall Zougang zu der Drogen dierfe kréien. Do mussen d'Eltere respektiv de legalen Tuteur onbedéngt Responsabilitéit iwwerhuelen.

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Bonne Chance!

M. Pim Knaff (DP) | Et léisst ee jo och seng Kanner net einfach esou un de Schaf mam Alkohol oder un de Waffeschaf, deen een doheem huet.

Kolleginnen a Kollegen, wa mir dëst Gesetz haut stëmmen, soll dat net heeschen, datt mir den Drogenkonsum hei am Land op déi liicht Schëller huelen. Mir hunn 2020 en nationalen Drogenaktionsplang lancéiert, dee bis 2024 leeft. Haaptzil vun dësem Aktionsplang ass et, zu engem bessere Schutz vun der ëffentlecher Gesondheet, der ëffentlecher Sécherheet an der sozialer Kohäsion bäizetroen. Dat huet sech net geännert.

Dëst Gesetz reit sech villméi an dës Gedankegang mat an. Mir wëllen zu enger besserer ëffentlecher Gesondheet a Sécherheet bäidroen. Dofir muss mer de Schwarzmarkt ënnerbannen. A wien eppes doheem ubaue kann, dee brauch net op den illegale Marché zréckzegräifen. An et ass et och wichteg, dass mir an enger zweeter Etapp méi wäit ginn, fir all déi Leit, déi doheem selwer näischt ubaue wëllen oder kënnen – sief et well d'Wunneng ze kleng ass, d'Energiekäschten ze deier oder den Opwand ze grouss. Et huet eeben net jiddwereen e gréngen Daum.

Meng Fraktioun begréisst dowéinst och d'Annonce vun der zweeter Etapp, déi ech virdru schonn ugeschwat hunn, 14 staatleche Verkaufspunkten, wou just Residenté Cannabis kafe kënnen, souwéi eng komplett Produktiouns- a Verkaufsketten am Land ze etabléieren. Wa mir esou eng Produktiounsketten hei am Land opgebaut kënne, déi genuch Quantitéite produzéiert, da wier et och vu Virdeel fir de medezinnesche Cannabis. Do si mir nämlech nach vill ze vill ofhängeg vum Ausland an eventuelle Liewerengpäss ausgesat.

Här President, Repressioun eleng ass keng Léisung. Mir brauchen eng méi liberal Approche, déi Hand an Hand mat Sensibiliséierung a Preventiounsmesuren geet. Dann erreeche mir och d'Zil vu manner Risike fir d'Gesondheet, manner Kriminalitéit a méi Sécherheet.

Ech ginn heimat den Accord vun der Demokratescher Partei. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Knaff. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, jo, mat deem Projet, dee mer haut hei stëmmen, stëmme mer och den éischten Deel vun der Cannabislegaliséierung, wou mer deen dann och ëmsetzen, a mir leeën am Fong hei den éischte Baustee fir eng modern Drogenpolitik, fir en aneren, fir méi en oppenen Émgang mat Cannabiskonsum.

Ech mengen, d'LSAP hat dat 2018 an hirem Walprogramm drastoen an duerno huet och d'Regierung et an de Koalitiounsaccord mat iwwerholl. De ganze Projet konnt leider coronabedéngt net ëmgesat ginn. Dofir ass et awer, mengen ech, eis wichteg gewiescht, hei ganz kloer en éischte Bausteen ze leeën, ëmsetzen an awer och un engem zweete weiderzeschaffen.

An ech mengen, et ass schonn e puermol ugeschwat ginn, dass elo an all Haushalt, an all Communauté domestique bis zu véier Cannabisplanzen kënnen effektiv ugebaut ginn, dass et am private Kader méiglech ass an dass et bei a viru Mannerjärege verbueden bleift. D'Rapportrice ass am Detail drop agaangen. An ech wëll hir och vun dëser Plaz hei Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Et muss een awer och soen, wann ee méi wäit aushëlt: Undeitunge vun der Legaliséierung, déi gouf et awer och schonn am Koalitiounsaccord vun 2013 – éischt Bausteng. An ech mengen, datt dat och weidergedriwwen gouf. Et gouf och Visite vu deemolege Gesondheets- a Justizminister a Kanada, fir sech do un enger kompletter Legaliséierung och ze inspiréieren, well Kanada dat eenzegt Land ass, dat déi och deementsprechend huet. Et sinn awer och Länner wéi Uruguay souwéi verschidden amerikanesch Staaten natierlech och op dee Wee gaangen, an och europäesch Länner, well nottamment Portugal, eent vun den éischten Länner, dat och de Konsum vu Cannabis entkriminaliséiert huet.

De Problem, dee vill Länner hunn a wéinst deem nach vill Länner net op de Wee vun der kompletter Legaliséierung gaange sinn, bon, sinn – an et ass och e puermol hei ugeschwat ginn – déi dräi international Traitéen, wéi och d'Convention unique sur les stupéfiants vun 1961, déi ënnerschriften gi sinn an déi och natierlech de Konsum op de medezinnesche Cannabis reduzéieren.

A laut dem OICS, dem Organe international de contrôle des stupéfiants, géif eng komplett Legaliséierung

och géint déi international Konventiounen goen, déi natierlech och Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet. Juristes ass et also eng schwierig Fro an effektiv gëllt et och, dës nach um europäeschen Niveau ze klären, esou wéi eis Regierung dat och schonn op e puer Plazen ënnerstrach huet.

Duerch dës Problemer ass eng komplett Legaliséierung also direkt net méiglech, an duerfir fänke mer och, mengen ech, an dëser wichteger Etapp haut u mam Erlaben effektiv vu Planzen am private Beräich souwéi och dem Konsum am private Beräich. Also och, mengen ech, hei en neien Ëmgang, wéi ech ugangs gesot hunn, mam Konsum ronderëm de Cannabis.

D'Aarbechten un der Reform sinn natierlech weidergaangen. An ech mengen, niewent dem éischten Deel kënnt jo nach den zweeten Deel, deen ënnert dem Lead vun der Santé ass. Mee virop einfach d'Fro: Firwat geet een nei Weeër an der Drogenpolitik? Wat sinn och do d'Bestriewungen? Ech mengen, 2018 ass jo och de Wee gaange ginn, Cannabis zu medezinneschen Zwecker ze erlaben. An et besteet eeben och d'Bestriewungen, nach e Schratt méi wäit ze goen. Dat maache mer och deementspriedend haut.

Mee virun allem huet sech erausgestallt, dass d'Verbuetspolitik ronderëm de Konsum vun Drogen, vu Cannabis, d'Leit bis elo net ofgehalen huet, et ze konsumméieren. Sécher – an déi vill kritesch Aweise ronderëm dëse Projet de loi hunn et gewisen –: E Verbuet tout court, deen awer déi erwünscht Resultater, an dat säit Joerzénge, net erreecht, ass jo vläicht da méi einfach ze handhaben wéi eng Ouverture ënner Konditiounen um gesondheetspoliteschen an och um juristeschen Plang, esou wéi mer dat och mat dësem Gesetz haut hei maachen. Fakt ass, dass eng reng prohibitivisteschen an eng reng repressiv Approche bis dato hir Friichten net gedroen huet. Et bleift also ganz kloer hei – an dat muss ee soen – bei engem Echec.

Ech kann awer och verstoen, datt ville Leit, déi sech virstellen, datt Cannabis eng gesellschaftlech Normalitéit, eng gesellschaftlech Realitéit gëtt, dat Angscht mécht. An ech mengen, och do soll een an der Diskussioun an och am Dialog bleiwen an och weider op Preventioun deementspriedend setzen. Mee de rengen Verbuet huet, den Zuelen no, also näischt um Konsum geännert am Sënn vun engem rengen Réckgang. Et ass weider konsumméiert ginn, et sinn deelweis och effektiv Alternativen am Ausland gesicht ginn oder och heemlech an onkontrolléiert gesicht ginn an de Konsument ass permanent am Kontakt mam kriminelle Milieu, well e sech effektiv dat Ganzt um Schwaarzmarkt muss beschafen.

Also, et ass wichteg, den Accès zu der Substanz am Fong ze reguléieren, fir och effektiv eng propper Qualitéit ze hunn, eng propper Substanz deementspriedend ze hunn an net nach aner Saachen ermëtzefannen am Cannabis, wou effektiv gestreckt an och gemëscht gëtt. An ech mengen, dofir ass et och wichteg, dann och e Qualitéitssigel deementspriedend ze hunn.

A puncto Repressioun, ech wëll nach eng Kéier drop zrëckkommen: D'Effikassitéit um Verbuet vum Cannabis zu Lëtzebuerg ass effektiv net deen, deen ee sech erhoffe kann, an dat weisen och ganz kloer d'Zuelen. Do goufe jo op enger Pressekonferenz an och am Rapport, deen dëst Joer publizéiert gouf, kloer Zuele vum Joer 2019 gewisen: 23,3 % Lëtzeburger tëschen 15 a 64 Joer hunn op d'mannst eemol an hirem Liewe Cannabis konsumméiert. Bei deene 15- bis 34-Järegen ass déi Unzuel bei 32,7 %. Bei deene 25- bis 34-Järegen bei 36 %, also do am heefegsten, also eng ganz héich Prävalenz.

An dobäi ass awer och feststellen, dass grad eeben iwwert d'Provisioun um Schwaarzmarkt d'Konzentratioun vum THC am Cannabis, dee verkaf gouf, immens gestiegen ass. Dat ass eeben de Risiko um Niveau vum Schwaarzmarkt. Do weisen d'Zuelen: 2006 war den THC-Gehalt bei 7,4 %, 2020 bei 14,5 % an 2021 bei 19,6 %. Also dat weist, dass déi Progressioun um Schwaarzmarkt duerch de Verbuet ganz grouss Risiko bewaart fir d'Gesondheet.

Et ass awer am Fong eng Approche, déi een annere muss, an dat maache mer och mam Gesetz, dat mer haut stëmmen. D'Repressioun aleng bréngt et also net. Et ass besser, och op de Wee vun der Preventioun ze goen, vun der Regularisatioun an och vun der Responsabilisatioun vum Bierger, an awer och engem gesonden an effektiv opgeklärten Ëmgang domadder, mat den Drogen, an, ech mengen, och dem Bierger iwwert deen dote Wee och méi Verantwortung ze ginn.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Här President, déi virgesi Legaliséierung dréit awer – an dat ass e puermol hei ugeklongen – net zu enger Verharmlosung bäi, well weider d'Opklärung am Vierdergrond steet, ronderëm déi gesondheetlech Aspekter, och weider ronderëm déi juristesche Aspekter, awer och de Jugendschutz. An domadder erreecht een alles, vill vill méi op alle Fall, wéi mat rengen Tabuen. An ech mengen, do wäert och sécherlech de Gesondheitsministère, wéi awer och de cnapa, e ganz kloeren an och wichtige Rôle hei spillen.

Lëtzebuerg ass awer och keng Insel. Do gesäit ee schonn, dass déi Diskussiounen, déi hei zu Lëtzebuerg gefouert goufen, och Auswierkungen hunn op eis Nopeschlänner. Däitschland ënnert der Ampelkoalitioun iwwerleet sech, ob se de private Menagen net effektiv dräi Planzen unzeziichten erlaben sollen. Ech mengen, dat weist, dass och Lëtzebuerg do deementspriedend inspiréiere kann.

An den zweete Volee natierlech – an dat ass och e puermol hei ugeklongen –: och déi staatlech kontrolléiert Produktiounskette vu 14 Verkaufspunkte queesch duerch d'Land. Ech mengen, och dat bréngt en zousätzlech Qualitéitssigel deementspriedend mat.

Wat een op alle Fall festhalen kann, ass, dass d'Drogenpolitik bis elo net effikass war duerch de Verbuet an effektiv och, datt et net zu der gewëschter Besserung am Drogenkonsum komm ass. An iwwerall an Europa – dofir sot ech och virdrun: „Lëtzebuerg ass keng Insel“ – stellen d'Länner sech déi nämmlech Fro ronderëm d'Legaliséierung oder d'Illegaliséierung vum Cannabis. Länner wéi d'Schwäiz, Malta, Holland an effektiv Däitschland beschäftege sech de Moment aktiv mat dëser Fro, fir och hir Situatioun, hire Status quo ze änneren.

2001 hu mer jo schonn en éischten Usaz gemaach, wéi mer ugefaangen hunn, den Ënnerschied tëschen dem Cannabis an och aneren Drogen ze maachen, well am Gesetz vum 2001 den Ënnerschied an de Strofe beim Drogenkonsum jee no Substanz jo och gemaach ginn ass an och do de Cannabis en anere Statutt kritt huet.

Mir wëssen awer och, dass am Verglach zu deenen aneren Drogen, déi konsumméiert ginn, Cannabis effektiv déi Drog ass, déi am onschiedlechsten ass. Mee natierlech bréngt se och Schied mat sech an do ass et och wichteg, weider ronderëm d'Preventioun héichzehalen.

Et ass also net vun der Hand ze weisen, dass mer déi lescht 50 Joer duerch de Verbuet effektiv de Konsum net wéi gewëschnt an de Grëff kritt hunn, besonnesch bei deene Jonken, an ze laang huet sech och

näischt geännert. Au contraire: Et huet sech souguer verschlechtert an et muss een och emol iwwer Alternativen zu enger total repressiver Politik nodenken an déi och effektiv ëmsetzen – an dat maache mer och haut –, an der Drogenpolitik ëmdenken an de Bierger och duerch eng preventiv a reguléiert Politik deementspriedend ewech vum Schwaarzmarkt huelen. Also, en einfache „Weiter so!“ ass sécherlech keng Léisung.

Une voix | Très bien!

M. Dan Biancalana (LSAP) | Et ass wichteg, de Bierger e gesonden, koordinéierten a progressiven Ëmgang mat Drogen ze erméiglechen an och allgemeng fir de Konsum ze responsabiliséieren, well Repressioun aleng ass net d'Léisung. A ech mengen, och déi Akzenter, déi gesat ginn am Drogenaktionsplang, dovunner och de Bestanddeel Akzenter ze setzen, Elementer ze setzen um sozialen, juristeschen a gesondheetleche Plang, ass déi richteg Richtung.

An dofir ginn ech och hei deementspriedend den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dës éischt Delegatioun (veuillez lire: Legaliséierung) vum Cannabis. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An dann als nächste Riedner den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Villmools merci, Här President. Ech wëllt och ufänke mat – ginn d'Mikroen, jo? – engem grouse Merci un d'Madamm Lorsché fir hiren Exposé. Si huet eis dat wonnerbar presentéiert. An ech kann Iech soen: Mir ware ganz verwonnert, wéi mer dee Projet de loi hei als Éischt gesinn hunn, well mir si guer net gewinnt, datt vun Ärer Säit emol eppes erlaabt gëtt. Mir si gewinnt, datt vill verbuede gëtt vun deene Gréngen. Elo gëtt emol eppes erlaabt.

(Interruption)

An dat huet eis terribel verwonnert.

Une voix | Dat kann dach net sinn!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Wëllt Der mer schonn eng Fro stellen, Madamm?

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Wat fir eng Verbueuer mengt Der dann, Här Kartheiser?

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Majo, d'Aschränkung vun der Meenungsfräiheet, d'Ausléisung (veuillez lire: d'Ofléisung) vun den Heizungen, de Verbuet vum Verbrennungsmotor ...

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Wou ass dat da wannechgelift? Dir schwätzt vun Däitschland oder vun Europa, Här Kartheiser.

(Interruptions)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, jo. Är Impfflicht, déi Der am Tirang hutt, fir de Leit mat enger Impfflicht do ze dëngen, ...

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Näischt geschitt!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... an nach vill aner Saache méi. Mee ...

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Ech stelle fest, dass Der keen ee Beispill hutt, wou mer iergend-eppes verbueden hunn, dat Der hei weist!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Also, kommt ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Elo ass et emol u mir, Madamm Minister.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Sou, ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Also, ech wierdegen Är Begeeschterung an Ären Interessi u menger Ried, mee loosst mech emol wannechgelift schwätzen, well Dir sidd vläicht verwonnert iwwert dat, wat ech elo soen.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Sou, ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | ... an elo huet just den Här Kartheiser d'Wuert!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Voilà! Villmools merci. Gutt, also mir sinn also confrontéiert mat engem Projet hei vun der Regierung, deen de Konsum vum sougenannte „rekreative Cannabis“ soll erlaben. Mir hunn eis natierlech vill Gedanken doriwwer gemaach, an Dir wäert Iech vläicht wonnere, mee mir gesinn eng Rei vu positive Punkten an där Initiativ – absolut! Well et ass esou, dass einfach dat, wat Der hei wëllt erlaben, an eisem Land scho wäit verbreet ass. Et muss een einfach dee Realismus hunn, fir dat ze gesinn. A mir wëlle realistesch mat der Drogeproblematik ëmgoen.

Et ass och esou, dass de Cannabis zënter 2001 schonn en anere gesetzleche Statutt huet wéi aner Drogen hei am Land. An et ass sécher gutt, dass déi Leit, déi elo scho Planzen doheem hunn – an dat sinn der eng ettlech – aus der Rechtsongesécherheet erauskommen an heimadder eng Rechtssécherheet kréien. Et ass also dat Element vum Realismus, dat mer positiv bewäerten.

Eppes Zweetes, wat mer wëlle positiv gesinn, ass, dass effektiv eng Méiglechkeet besteet, dass de Recours op de Schwarzmarkt liicht ofhëlt duerch dat hei, well eng bestëmmte Kategorie vu méi verantwortungsvolle Konsumente vläicht elo seet: „Ech huele mer déi Planzen doheem. Ech hunn eng Qualitéitskontroll. Ech brauch mech dann net méi iwwer aner Weeër ze approximéieren.“ Och dat ass am Prinzip e positive Punkt.

An ech wëll och ënnersträichen, dass mer als Partei dacks eng ganz liberal Approche hunn an dass mer eis effektiv ëmmer froen: Wéi wäit d'äerf de Staat iwwerhaapt an d'Privatliewen, och an den Domicile vun erwuesene Leit iwwerhaapt agräifen, do Restriktionen a Reegele fixéieren? Och dat ass e permanent Spannungsverhältnis tëschent der Fräiheet vum Mënsch an dem staatlechen Agrëff an dem Interêt public, an dem Interêt vun der Santé publique an esou weider. Mee an deem Spannungsverhältnis soe mer, ass et scho gutt, wann erwuesene Leit an Eegeverantwortung méi Fräiheet kréien, wéi dat vläicht bis elo de Fall ass.

Dat si Saachen, déi mer unerkennen, och wann een iwwert d'Ëmsetzung ka streiden: Firwat véier Planzen? Firwat net dräi? Firwat net fënnef? Mee de Prinzip, de Prinzip ass awer eppes, wat mer u sech guttheeschen, well mer d'Fräiheet vun de Mënsche wëllen esou héich wéi méiglech halen. An aus deene Grënn droe mer dat hei och zum Deel mat. Dir wäert dat och gesinn, mir droen dat hei mat, awer ouni Begeeschterung a mat ganz villen Aschränkungen. Loosst mech dat och ganz kloer soen!

Dir kritt nämlech vun eis keng ongedeelte Zoustëmmung, well mir ganz kloer gesinn, wou d'Gefore leien. An ech mengen, e Virriedner hat dat scho gesot: D'Avisen zu deem Gesetz waren am groussen Ganze ganz negativ – a mat grousssem Recht! De Collège médical

selbstverständlech aus medezinnesche Grënn, eis juristeschen Instanzen hu vollkommen zu Recht op d'feelend Definitionen, schlecht Definitionen higewisen. Mir wëssen alleguer, dass d'Loi pénale d'Interprétation stricte ass an dass et dofir extreem wichteg ass, dass dat alles soll kloer sinn, wat awer hei net kloer ass. Mir kommen a Contradiction mat eisen eegene Gesetzter vun 1973. Och dat ass scho gesot ginn.

Mir müssen oppassen an der Drogepolitik, dass mer keng Verharmlosung maachen, an dat heien ass e bëssen och e Risiko an déi Richtung, well e Konzept feelt, dass dat heite sollt begleeten. Et ass einfach e séier gemaacht Gesetz, well Der e Walversprechen elo nach wëllt aléisen, wéinstens zum Deel, virun de Walen. Et ass iwwert de Knéi gebrach. Well wann een esou Gesetzter mécht, fir eng verantwortungsvoll Drogepolitik unzedenen oder ëmzesetzen, da muss een dat encadréieren. Et muss wierklech eng Opklärung sinn, dass och de Cannabis kann eng Astigsdrog sinn, dass e ka bei verschiddene Leit mat Predispositionen, iwwerméissegem Konsum, Konsum an ze vill jonke Joren zu Psychose féieren. An et ass och e Problem am Kader vun der Verkéierssécherheet, wou mer hei eng Problematik erëmfannen, wéi mer se och scho beim Konsum vun Alkohol an esou weider, Medikamenter zum Deel, och kennen.

Alles dat gehéiert zu enger verantwortungsvoller Opklärungscampagne, zu engem Encadrement vun esou enger Initiativ, wéi Der se eis hei proposéiert, déi awer feelt. Mir huelen hei eng Liberaliséierungsinitiativ, mee ouni dat, wat awer ronderëm misst existéieren.

Mir froen eis och: Wéi eng Konsequenzen huet dat op d'Familien, wann déi eng derfir sinn, déi aner net? Komme mer hei zu enger Delatiounskultur, wann eng Kéier sechs Planzen doheem sinn oder siwen? Alles dat froe mer eis a mir wësse ganz gutt, dass dat, wat hei gesot gëtt, net kontrolléierbar ass a warscheinlech och net ëmzesetzen. Dass kee Konsum viru Mannerjärege soll sinn an engem Menage, wéi soll dat kontrolléiert ginn? Wéi ass dat gläwvuerdeg duerzestellen? Dat kënnen mir eis net virstellen, dass dat do soll observéiert ginn.

Mir wëssen och, dass den Effekt ..., och wa mer eis erhoffen, wéi Dir et gesot hutt, dass vläicht e gewëssenen Effekt op de Schwarzmarkt do ass. Mee d'Erfarungen an deene Länner, wou liberaliséiert ginn ass, weisen an eng aner Richtung. Et gëtt ëmmer e Schwarzmarkt, och bei der Drogeliberalisierung, well een d'Saache ka méi einfach kréien eventuell, méi bëlle, voilà, et gëtt einfach méi héich Konzentration wéi dat, wat legal erlaabt ass. Et gëtt ëmmer Ursachen, et gëtt ëmmer Méiglechkeete fir déi kriminell Energie. A wann Der déi Avisa liest, wat d'Parquet an déi juristesche Autoritéiten eis soen, da weise se ganz däitlech, dass mer de Risiko lafen, éischter méi Kriminalitéit hei an d'Land ze kréie wéi manner.

Mir wëlle keng Signalwirkung. Och wa mer op de Wee gi vun enger Liberalisierung, heescht dat net, dass de Staat dat gutt fënn oder dass dat soll encouragéiert ginn. Och dat gehéiert zu enger Campagne, déi ee ka maachen. Et huet Virdeeler, méi eng liberal Approche ze hunn, mee dee Virdeel ass net ze verwiessele mat enger Verharmlosung oder mat enger Signalwirkung, dass et, well et jo net esou verbueden ass, wéi et war, u sech eng gutt Saach ass, eppes, wat ee soll maachen oder probéieren – ganz am Géigendeel!

Dir hat virdrun – an do ass et mer awer wierklech een Abléck schwindeleg ginn – an deem Gesetz, dass mer hei virdrun diskutéiert hunn, Madamm Minister,

gesot, déi legal Obligationen wäeren Iech wichteg. Dass war am ASBL-Gesetz. Mee dass ass anscheinend eng aner Welt wéi den Droit international public, well hei violéiert d'Regierung ganz kloer dräi international UNO-Konventionen, déi Gesetz sinn hei zu Lëtzebuerg, déi mir ratifizéiert hunn an déi eis u sech dat verbidden, wat hei gemaach gëtt. Do gëtt et dann Ausnamediskussionen. Dass wär experimentell oder dass wär à des fins scientifiques, hu mer héieren. Wou ass hei d'Wëssenschaft? Macht Der net de Geck mat de Leit? Macht der net de Geck mat der Wëssenschaft?

Ech soen Iech: International Konventionen, och wa keng Strof do ass, do gëtt et eng Reegel. Déi mussen bona fide erfëllt ginn – bona fide, ouni Hannergedanken, ouni de Wonsch ze ëmgoen! An och wat ënnerschriwwen ass, emol wann et nach net ratifizéiert ass, bënnt Staaten a si mussen sech drun halen. Dass hutt Der schonn net respektéiert bei Ärem Gesetz iwwert d'Responsabilité civile en matière nucléaire (veuillez lire: Responsabilité civile en matière de dommages en relation avec un accident nucléaire). De Broch vum internationale Recht ass Method bei dëser Regierung! Et ass net déi éischte Kéier. Dir macht et ëmmer nees. Dir macht et bei den Drogekonventionen, Dir macht et am nukleare Beräich, a mir wëllen dat net. Mir wëllen dat net! Mir wëllen, dass mir als Lëtzebuerg dat internationaalt Recht respektéieren, well mir fuerderen dat och vun anere mat Recht an.

Dann, wësst Der, déi europäesch Dimension: Elo ass dass hei en éischte Schrëtt. Gutt, zu deem hu mer gesot, dass mer dat zum Deel kënnen novollzéien an och déi puer Virdeeler, déi existéieren, och wëllen unerkennen. Dass maache mer och. Mee mir wëllen net an eng Situation kommen, wou Lëtzebuerg seng Reputatioun a seng Kredibilitéit ënner europäesche Partner doduerch op d'Spill setzt, dass mer hei en Tourismus generéieren, deen eis a Contradiction zu europäesche Konventionen an a Schwierigkeete mat eisen Nopeschlänner féiert. Eis Reputatioun als Land sollte mer och am A behalen.

Wat mir gär hätten, dass ass sécher ... Jo, mir kënnen innovativ an der Drogepolitik sinn, jo, mir mussen Verantwortung weisen, mir müssen d'Fräiheet vun de Leit respektéieren. Alles dat ass richtig. Mir kënnen och bei aneren Drogen iwwerleeën, bei deenen, déi nach vill méi schlëmm sinn, wéi mer kënnen vläicht besser un esou Problemer eruegen. Dass mussen mer och, well mir gesi jo dee Misär all Dag, deen duerch den Drogenkonsum verursaacht gëtt. An dass mer do politesch verantwortlech müssen driwwer nodenken, wat vläicht e bessere Wee ass oder wéi mer kënnen anescht do eruegen, ass eng Selbstverständlechkeet.

Mee mir wëllen Opklärung. Mir wëllen och Fuerschung, fir do ze hëllefen, wou et néideg ass am medezinnesche Beräich. Mir wëllen eng anstänneg politesch a medial Begleetung vun deene Saachen. Mir wëllen an de Schoule present sinn, op Risiken opmierksam maachen, eng richtig Reflexioun op eethesche Kritären, op verantwortungsvolle Kritären, a keng Duebelmoral, keen Ëmgoe vun internationalen Obligationen vun eisem Land.

An eng europäesch Léisung wär an esou enger Problematik wéi där heiter sécher déi richtig, well mer einfach net wëllen a Schwierigkeete mat eisen Nopeschstaate kommen, well mer hei innovéieren, ouni ze iwwerleeën.

Ech soen Iech Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ech gesinn, d'Madamm Oberweis ass schonn ënnerwee. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Och merci der Rapportrice fir hiren exzellente Rapport ganz am Detail. Villmools merci dofir.

Virop gesot, mir droen dëse Projet mat. Mee mir gesinn en awer och relativ ernüchert, well mir fäerten, dass an nächster Zukunft de Cannabis wuel weider beim Dealer awer och ze fannen ass. Dat heescht, de Cannabis, deen op der Strooss verkaaft gëtt, bleift zum Deel onkontrolléiert an an den Hänn vun enger organisierter Kriminalitéit.

De Cannabis wäert nach ëmmer illegal iwwert d'Grenze geschmuggelt ginn a seng Substanzen ëmmer nach mat toxischen Mëttel opgeputscht sinn. An et wäerten och ëmmer nach Leit mat Cannabis dealen, souguer vläicht ëmmer méi, wann d'Leit mat enger normaler Aarbecht hei zu Lëtzebuerg ëmmer manner d'Enner um Enn vum Mount zesummekréien, wat elo näischt mat deem heite Gesetz an deem Sënn ze dinn huet. An deem Fall wäerten eis Prisongen dann och an Zukunft gutt gefëllt bleiwen. Schliesslech sinn déi meescht Prisongsstrofe jo och op illegalem Drogenhandel ausgeschwat.

Här President, mir wëssen, datt d'Drogeconsommation klëmmt – iwwerall, weltwäit an och zu Lëtzebuerg – an datt de Cannabis hei zu Lëtzebuerg déi meescht konsuméiert illegal Drog ass. Cannabis aus net kontrolléiertem Ubau, Cannabis mat engem extreem héijen THC-Wäert, kuerz gesot, schlechten a potenziell geféierleche Cannabis, jo dat ass e Problem, e soziale Problem, mee virun allem och eng Eerausfuhrderung fir d'Santé mentale.

Här President, d'Cannabislegaliséierung, sou wéi d'Regierungsparteien et an hirem Koalitionsaccord festgehalten hunn, stoung am Ufank am Zeeche vun der Santé publique. Et sollt e Paradigmewissel sinn an der Drogepolitik. Hei géif een endlech brieche mat der Repressioun an der Kriminaliséierung vun den Drogenkonsumenten an hiren Dealer. Et wollt een deemools der organisierter Kriminalitéit de Buedem ënnert de Féiss ewechzéien, hire Business sabotéieren, de Schwarzmarkt ausbludde an de klengen Dealer aner Zukunftsperspektive bidden, an engem gereegelt Aarbechtsskader eventuell. Eng Cannabislegaliséierung hätt bedeit, dass Cannabis hei zu Lëtzebuerg ugeplant hätt kënne ginn, dass dësen Ubau vum Staat kontrolléiert a labelliséiert gi wier, dass d'Endprodukt och nach emol getest an zertifizéiert kéint ginn an de Verkauf an den Zougang op spezialiséierte Plazen ënner Op-sicht vu staatlechen Organer hätt kënne kloer geregelt sinn an och, wien den Zougang zu dëse Produiten hätt dierfen hunn.

Et ass bekannt, dass besonnesch Jugendlecher vu 15 bis 16 Joer ufälleg si fir de Cannabiskonsum. An deem Sënn si si ënnert den aktuelle Konditiounen och staarke Gesondheitsrisikoen, och dat ass scho gesot ginn, ausgesat. Eng Legaliséierung vum Cannabis an eng op Jonker ausgerichte Sensibiliséierungscampagne ronderëm de Konsum vun Drogen wieren also och elo haut hei déi richteg Approche, fir deene Gesondheitsrisiken entgéintzewirken. An ech géif soen, net just eng Sensibiliséierungscampagne, mee och Fuerschung, huet grad den Här Kartheiser och ugedeit, ass immens wichteg, well och do gëtt et ëmmer erëm Studien, déi awer an déi eng an an déi aner Richtung ginn, an et ass net ëmmer ganz kloer, wéi en Impakt dat heite wierklech elo hätt. Also d'Begleedung vum Projet wär warscheinlech immens, immens wichteg.

Här President, ech schwätze bewusst am Conditionnel, well wéineg vun deem, wat sämtlech Regierungsparteien an hire Walprogrammer iwwert d'Cannabislegaliséierung geschriwwen hunn, ass dann elo wierklech

an dësem Gesamtkonzept ëmgesat ginn. Schonn am Oktober 2021 ass d'Regierung zréckgeruddert. Et wier méi komplizéiert, wéi geduecht, virun allem juristesches gesinn. An trotzdem bréngen aner Länner et awer iergendwéi fäerdeg, iwwert dëse Komplikatiounen ze stoen oder se iergendwéi ze léisen.

Et ass eng Saach vu politischem Courage an eisen Aen, esou Projeten och unzegoen. Dat ass an eisen Aen net onbedéngt d'Stäerkt vun dëser Regierung, op jidde Fall net, wann et ëm Projete geet, bei deenen d'kollektiv iwwert den eenzelnen Interessie stinn an domadder um Establishment oder der gesellschaftlecher Uerdnung gerëselt gëtt. De gratis ëffentlechen Transport ass an deem Sënn vläicht eng vun deene leschten ambitiëse politeschen Decisiounen, déi dës Regierung elo an der leschter Zäit ëmgesat huet, wou dee kollektiven Interessi iwwert dem Eenzelinteressi steet. Et geet elo iwwert dëse Projet eraus. Mee nach eemol: Dat ass fir eis dat, wat mir och gesinn.

Här President, mat dësem Projet de loi stinn den Interessi vum Eenzelnen, wéi ech grad gesot hunn, an d'Eegeresponsabilitéit alt erëm virun der kollektiver Verantwortung an dem Wuelbefanne vun der ganzer Gesellschaft. Esou verst mir et, wann den Ubau an d'Consommation vum Cannabis nëmme am private Kader erlaabt ginn. An deem Fall läit och d'Responsabilitéit fir d'Gesondheet beim Konsument selwer. Eng kloer Reegelung fir d'Hierkonft vum Som gradewéi de maximalen THC-Gehalt vun de Planzen, dee fir den Eegegebrauch kann zielen, stinn net esou kloer am Gesetz. Et ass absurd, dass Cannabiskären a -planze mussen importéiert ginn, amplaz den Ubau an d'Produktion hei am Land ze ënnerstëtzen, esou wéi dat u sech virgesi war. Dat gëllt och fir de Cannabis medicinal an d'CBD-Produkte, déi zu Lëtzebuerg majoritär fir deiert Geld importéiert ginn. An de Gros dovunner kënnt net aus fréiem Ubau, mee gëtt Indoor hiergestallt, wou den CO₂-Ofdrock immens grouss ass.

Här President, dass dëse Gesetzesprojet eng wichteg Etapp fir déi allgemeng Legaliséierung vum Cannabis wier, gesi mir e wéineg anescht. Eng Legaliséierung vum Eegekonsum an Ubau am streng limitéierte private Kader huet eiser Meenung no näischt mat enger ambitiëser Drogepolitik ze dinn. Et ass vläicht eng Faveur oder en Amusement fir e puer Hobbygärtner, Bildungsbiergertum oder och Hedonisten, vill Leit, déi souwiso net riskéieren, vun der Police ugehalen ze ginn, wa se Cannabis op der Strooss konsuméieren, vill Leit och, déi net diskriminéiert gi vun hirem familiären, beruflechen oder schouleschen Ëmfeld, wa se Cannabis konsuméieren.

Här President, mir gesinn dat, wat d'Regierung säit 2018 fäerdegbruecht huet am Dossier Cannabislegaliséierung, also relativ ernüchert. Domat kënne mir awer och liewen. Wéi gesot, mir droen dëse Projet mat, mee verkaaft en net als Etapp zu enger effektiver Legaliséierung vum Cannabis, well déi steet nach an de Stären.

Villmools merci.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Jo, mir schwätzen haut iwwer ee Schrëtt, net iwwert d'Legaliséierung vum Cannabis, wéi mir eis se als Piraten gewünscht hätten, mee et ass ee ganz kleng Schrëtt an déi richteg Richtung.

Well wann een eng Reaktioun ka ginn och op d'Virriedner, et ass nun emol e Constat: Deen, dee fëmmen Well, dee fëmmt. An de Konsum ass haut schonn esou

do. Mir kënne e schéischwätzen, mir kënne stonnelaang driwwer debattéieren, mee et ass nun emol haut e Fakt, dass de Cannabis konsuméiert gëtt, an et ass och eis Responsabilitéit als Politik, wann ee feststellt, dass de Cannabis eeben am Alldag ukomm ass an een et iwwer repressiv Gesetzer net hikritt, en ze verhënnere, dass ee muss higoen, en anere Wee ze goen.

Grad wann ee beim Cannabis vun enger softer Drog kann ausgoen, déi am meeschte Problemer bis elo doduerch ausgeléist huet, dass ee se eeben net um legale Wee konnt kafen, mee dass een huet misse mat engem Dealer an, soe mer, Commerce goen, fir dass deen dann e Produit verkaf huet, deen och emol net clean war.

Dat ass awer elo net, wéi verschidde Virriedner gesot hunn, dass doduerjer, wat haut gestëmmt wäert ginn, d'Dealer, soe mer mol, aarbechtslos géife ginn. Am Contraire. Déi meescht Konsumente wäerte leider net d'Méiglechkeet hunn, doheem eng Planz unzesetzen, nenne mer et emol esou, well et muss jo och d'ganz Famill dann averstane sinn, wann een doheem op eemol seng Plantage vu véier Planzen ufänkt. Ech ka mer dat virstellen, dass dat – an ech maache laang Jugendaarbecht –, dass dat schwierig doheem ass, fir sengen Elteren ze verklickeren: „Jo, ech hu meng 18 Joer, wou kann ech dann elo meng Planzen hisetzen?“

Dat heescht, fir eis Piraten wäert dat doten de Problem vun den Dealer net léisen. D'Dealer wäerte weiderhi leider bestoe bleiwen. Well eist Zil war et, fir déi Dealer vum Marché ze kréien, déi déi onpropper Drogen verkafen. Dir dierft net vergiessen: Dir fänkt beim Cannabis u beim Dealer an da lant Der herno bei enger méi schwéierer Drog, well deen Tech nach eppes drënner gemixt huet oder eppes aneres wollt verkafen. An do huet de Courage gefeelt vun dëser Regierung, fir dat unzepaken, well de Courage feelt, fir de Cannabis richtig ze legaliséieren, esou wéi mir Piraten et gäre gehat hätten.

Mir hunn eis virgestallt, dass een dat ka ganz legal kafen, kontrolléiert, dass een eng gutt Matière kritt, dass de Gesondheitsrisiko doduerch erfroet an ee guer net a Kontakt mam Dealer kënnt. Leider huet dee Courage bei dëser Regierung gefeelt.

An ech hunn nach eng Kéier extra de Koalitionsaccord erausgedréckt, wou Der ganz grouss geschriwwen hat, Dir géift op „achat, possession, consommation“, alles goen. Bon, nix ass. Elo gëtt et eng emol net soft Legaliséierung. Et ass einfach iergendeppes emol dohinner gemaach, wat ...

An do ginn ech de Virriedner och vun der CSV Recht, dass et net kontrolléierbar ass. Dat ass nämlech de Problem. Just mir kritiséieren an eng aner Richtung. Mir kritiséieren, dass Der et hätt solle méi legaliséieren, dass een et herno soll an engem gudde Kader kënne kafe wéi Zigaretten zum Beispill, dass Der dat kéint esou kafen an doduerjer eng Kontroll hätt. Well wat Der elo macht, wäert a sech ganz schwéier ginn, souwuel fir eis Police wéi fir d'Konsumente wéi fir d'Familljememberen. Wat äntwert Der Äre Kanner dann elo, wann déi soen: „Hues de doheem iergendzousch Plaz, ech géif mer gäre véier Planzen dohinnersetzen?“ Oder ëmgedréint. Är Eltere wëlle se setzen, wat äntweren d'Kanner dann? Da soen déi an der Schoul: „O hei, mir hunn doheem véier nei Planze kritt.“

(Hilarité)

Et ass e bëssen dat Äre Problem. Dir hutt hei eng Limitation agesat, déi awer herno net fir jiddereen ëmsetzbar ass. Déi aner ass, ech hat dat an der Kommissioun opgeworf: Wou kritt Der Är Planzen an Äre Som hier? Ech krut do als Äntwert: „Hei zu Lëtzebuerg kritt

een deen herno awer net ze kafen.“ Dat ass e bëssen de Problem. Da musst Der en am Internet bestellen, da geet dat hin an hier. An dann, wat bestellt Der? Bestellt Der de Som oder hutt Der scho kleng Planzen, déi Der geliwwert kritt? Dat sinn alles déi Froen, déi sech herno stellen.

Mir hätten eigentlech de Wee gäre gehat, dass dat vill méi oppen ass.

(Interruption)

Jo, ech soen dat elo éierlech – ech wëll elo keen Numm soen –, esou e grouse Baumaart, dass een do kann dohinnegeen an et keeft ee säi Som an da kann ee säi Cannabis planzen ouni Risiko, dass een och net muss fäerten, dass iergendwéi eng Kéier d'Police schellt, well vläicht fënnel Planzen doheem komm sinn. Ech mengen, jiddereen, dee Gäertner ass, weess, dass heiansdo vläicht eng Planz bäikënn, an dann ass een direkt kriminell.

Well déi aner Fro ass jo: Wéi grouss däerfen déi Planze ginn? Dat ass jo déi aner Geschicht beim Cannabis. Wéi grouss däerfen déi Planze ginn? Herno hutt Der Planzen, Verschiddener, déi kënnen bis zu dräi, véier Meter ginn. Jo gutt, wann Der der do véier kënn huelen, da kënn Der eng grouss Famill doheem hunn. Dat ass deen anere Problem.

Dat heescht, Dir hutt a sech mat Ärer softer, falscher Legaliséierung elo méi Problemer geschaaft, wéi wann Der einfach gesot hätt: „Mir erkennen de Problem. Mir si modern. Mir ginn an eng gerecht Léisung, dass mer soen, mir maachen et op, et gëtt eng ganz kloer Vente, déi gereegelt ass, déi op spezielle Lieue stattfënn an och de Konsum.“ Ma firwat dann net op Cafée goen, wou een einfach ka säi Cannabis konsuméieren? An anere Länner fonctionéiert dat ouni Problem. Firwat hu mir dat net zu Lëtzebuerg gemaach? Elo muss ee sech dann iergendzousch seng Plaz sichen, wou een de Konsum ka maachen, ouni dass een ee gesäit. Et däerf een nëmme seng 3 Gramm ... Bon ech si frou, dass een elo 3 Gramm däerf mathuelen. Ech stelle mer et awer ganz schwieereg vir, wéi de Polizist dat herno soll ëmsetzen. A stellt Iech emol vir, Dir hutt och nach grad Är Planz doheem geschnidden an Dir hutt herno 3,1 Gramm dobäi. O Mamm, da kënn d'Blo Luucht.

Dat ass e bëssen de Problem, deen Der geschaf hutt. Dir hätt einfach solle soen: „Et däerf een et mathuelen“, awer net déi soft ..., wësst Der? Dir hutt elo näischt Richteges gemaach an näischt Falsches. Einfach esou, ech maachen einfach iergendepes, well ech hat jo am Koalitionsaccord nach eppes stoen an ech muss jo elo drun denken, den 8. Oktober kënn eng Echeance, vläicht muss ech meng Leit dann nach iergendwéi bei Laun halen.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Mee ech kann Iech eppes soen: Och déi, déi Cannabis fëmmen, déi wäerten elo net glécklech gi mat Ärer softer, falscher Legaliséierung, déi Der hei gemaach hutt, well dat dote wäert hinne méi Problemer herno schafen, wéi Der der eigentlech wollt léisen.

Hätt Der de Courage gehat als Regierung, fir endlech de Cannabis richtig ze legaliséieren, wéi mir Piraten et gefrot haten, da wär et eng super Affär gewiescht.

Merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Georgen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Wiseler (CSV) | Merci, Här President. D'Regierung seet: „Dëst Gesetz ass déi éischt Etapp

um Wee vun enger genereller Legaliséierung.“ De Gilles Roth huet virdrun erkläert, wat eis Meenung iwwert deen éischte Schrëtt ass, deen haut um Ordre du jour steet, dass mer dee Schrëtt doniewent fannen, dass mer fannen, dass et e Schrëtt an déi falsch Richtung ass.

Mee ech wëll awer e puer Wuert och iwwert deen zweete Schrëtt soen, deen eis virun e puer Woche virgestallt ginn ass, elo, véier Méint virun de Walen. Véier Méint virun de Wale kënn ee mat engem Projet pilote, deen net méi kann ëmgasat ginn – déi nächst Regierung soll also kucken, wéi en ëmgasat gëtt – a wou och nach keen Text do ass. Dat seet mir just, dass an dësem Fall nach schnell huet missen eppes iwwert de Knéi gebrach ginn, just fir ze soen, ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler (CSV) | ... dass mer mussen eppes maachen, well et am Koalitionsprogramm steet a well mer et dann einfach wëllen am Bilan virweisen, net méi an net manner.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler (CSV) | Mir fannen dat irresponsabel an zumindest onprofessionell.

Mir fannen awer och, dass dat an der Santé an deene leschte Wochen a Méint d'Reegel ginn ass. Kuckt emol, wat mer nach alles an der Gesondheetspolitik elo mussen d'urgence an deenen nächsten zwou, dräi Wochen ëmsetzen: d'Gesetz iwwert d'Gesondheetsberuffer elo an deenen nächsten Deeg, den Ambulatoire, d'Dokteschpraxen an dann, wat mer ugekënnegt kruten an deene leschten zwou, dräi Deeg, eng Rei grouss Projeten an der Informatik, wou alles frësch gemaach soll ginn. Dat elo ze annonciéieren, véier Méint virun de Walen, ... Eng Centrale nationale d'achat gëtt dann elo presentéiert. E Plan national de santé krute mer de Moie presentéiert, véier Méint virun de Walen; just bliannen Aktivismus an eisen Aen.

(Interruption)

Et ass viles an deem leschte Moment virgestallt ginn. Et ass wéineg gemaach ginn. An dat, wat soll gemaach ginn, dat gëtt an der Hetz gemaach am leschte Moment an iwwert de Knéi gebrach.

(Interruption)

Zu dëser Etapp, also zu där zweeter Etapp, déi hanner dësem Projet nach soll kommen, wëll ech dat hei soen: Et gëtt eng Rei Argumenter fir eng Legaliséierung vum Cannabis gebraucht: d'Kontroll iwwert de Marché, déi ee soll domadder kréien, en Trafick, deen ënnerbonne soll ginn, well Verkafsweeër legal gemaach ginn a soumat der Kriminalitéit entgéintgewierkt gëtt, verbonne mam Argument, dass d'Qualitéitskontroll ka gemaach ginn a garantéiert ginn, an domat séchergestallt ginn, dass Jugendlecher manner geféierlech Stoffer géife kréien.

Ech soen Iech, mir kënnen mat deenen Zilsetzungen d'accord sinn. Mir kënnen och déi Argumenter esouguer verstoen. Mee mir mengen, dass dës Projet, an haaptsächlech dee Projet, esou wéi mer en elo gesinn an där zweeter Etapp, dës Zilsetzungen net erreecht. Au contraire, mir sinn iwwerzeegt, dass d'Konsequenze vun dësem an deem nächste Projet genau an d'contraire Richtung gi wéi déi Zilsetzungen, déi Der enonciéiert hutt.

Dee gréisste Problem nämlech, dee mer hunn, an dee wichtegsten an eisen Aen, wierklech dee wichtegsten, dass de Schutz vun de Jugendlechen a vun hirer Gesondheet.

Datt de Cannabiskonsum bei Jugendleche bis 21, souguer bis 25, soen eng Rei Spezialisten, wou déi

kierperlech Entwécklung nach net ofgeschloss ass, kann dramatesch Konsequenzen hunn, ass, mengen ech, momentan vu kengem, vu kengem bestridden. An d'Regierung huet selwer an hirer Etüd iwwert d'Gesondheet vu Schülerinnen a Schüler zu Lëtzebuerg 2018 dat hei geschriwwen – ech liesen Iech et gär vir, well et einfach esou kloer an däitlech ass –: „Beim Gebrauch von Cannabis kann es zu funktionsgestörtem Verhalten und Wahrnehmungsstörungen kommen, zum Beispiel zu Euphorie, Enthemmung, Angst, paranoiden Vorstellungen sowie Einschränkungen der Reaktionszeit und der Urteilsfähigkeit. Dies kann unter anderem das Risiko von Unfällen erhöhen. Darüber hinaus ist Cannabisabhängigkeit ein Risikofaktor für psychische Erkrankungen, wie etwa Angststörungen und bipolare Störungen. Zudem wird Cannabis mit sozialen Problemen in Verbindung gebracht, wie einer geringeren schulischen Leistung und dem Konsum anderer Drogen. Als besonders schädlich gilt der Konsum, wenn er früh in der Jugend beginnt, hoch dosiert ist und regelmäßig fortgesetzt wird.“

Dat sinn net ech, deen dat seet. Dat ass d'Regierung selwer, déi dee Rapport erausbruecht huet.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence)

Och d'Legaliséierung vum Cannabis ... Da loosst mech emol d'Räsonement weiderféieren. Och d'Legaliséierung vum Cannabis dréit a sech kloer an däitlech, wann ech op d'Enquêtes an d'Rapporte vun der UNO lauschteren, wann ech déi Enquêtes an déi Rapporte liesen, dozou bäi, dass méi Cannabiskonsum bei Jugendlechen domat no der UNO relativ kloer ass.

Ech zitieren hei de Communiqué vun der UNO, 9. Mäerz 2023, deen am Fong déi Rapporten, déi gemaach gi sinn, resüméiert: „Selon les auteurs du rapport, l'effet le plus préoccupant de la légalisation du cannabis réside dans l'accroissement probable de la consommation, en particulier chez les jeunes. Aux États-Unis, il a été démontré que les adolescents et les jeunes adultes consomment beaucoup plus de cannabis dans les États où il a été légalisé.“ Dat soen net mir, dass soen d'UNO-Berichter.

An nach weider, selwechte Rapport: „Les rapporteurs notent que dans toutes les juridictions qui ont opté pour la légalisation, les problèmes de santé liés au cannabis ont augmenté.“ Net mir soen et, d'UNO seet et.

An da geet et net duer, fir ze soe bei Jugendlechen: „Mir verbidden et bei Jugendleche bis 18 Joer.“ Dat, muss ech soen, ass en Argument, dass der Realitéit net standhält. Dat hunn nämlech all déi aner Länner, déi et legaliséiert hunn, oder déi meescht, och gemaach, mat deem Resultat, dass d'UNO virdu beschriwwen huet. A wéi wëllt Der Jugendlechen dann erklären, dass et elo fir jiddwereen erlaabt ass, dass de Staat dat och nach deelweis ënnerstëtzt, mee hinnen dann hannendru soen: „Mee Dir dierft et awer elo sécherlech net méi huelen.“

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Dat maache mer beim Alkohol dach och!

M. Claude Wiseler (CSV) | Et geet net duer, ze soen, dass mer elo Preventiounscampagnë maachen.

(Interruption)

Wat ass dann d'Logik vun de Preventiounscampagnen, déi elo gemaach ginn ...

M. Fernand Etgen, Président | Et huet just een heibannen d'Wuert, an dat ass de Moment den Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler (CSV) | Merci, Här President.

Wat ass d'Logik, fir ze soen: „Mir maachen elo verstärkte Preventiounscampagnen, wa mer déi Legaliséierung hei aféieren?“ Meng Fro ass ganz einfach:

Mee firwat hutt Der déi verstärkte Preventiounscampagnen dann net schonn d'lescht Joer, d'virescht Joer oder virun dräi oder véier Joer gemaach, ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler (CSV) | ... wa se noutwendeg waren? De Problem war jo awer bekannt.

Des Weidere weisen déi UNO-Etuden, datt den illi-citte Marché nach ëmmer weiderlëft, och wann eng Legaliséierung do ass – dat war jo eng vun den Zilsetzungen –, haaptsächlech fir Jugendlecher, déi sech net kënnen um legale Marché approvisionéieren, déi sech net kënnen um legale Marché approvisionéieren, also an Zukunft och nach weider um illegale Marché bleiwen. Wat hu mer da geschafft, wa mer dat maachen?

Dee selwechten UNO-Communiqué seet kloer, an ech zitieren, well ech dat net wëll just vun eis aus hei soen, mee well och auslännesch Referenze kloer soen: „Les données suggèrent que la légalisation n'a pas contribué à dissuader les jeunes de consommer du cannabis, et que les marchés illicites persistent. Les données montrent que l'offre illégale se maintient à des niveaux élevés dans toutes les juridictions de légalisation, atteignant 40 % au Canada, près de 50 % en Uruguay et même 75 % en Californie.“

Dat ass kloer an däitlech! Keng vun deenen Zilsetzungen, déi Der Iech hei setzt, ginn, zumindest an deem Projet an der zweeter Etapp, erreicht. A Lëtzebuerger wëllt et awer maachen.

En anert Argument, dat ass, datt mer jo wëssen, datt d'Legaliséierung vum Cannabis am Fong géint d'UNO-Konventionne verstéisst. Dofir gëtt dann elo gewielt, en experimentelle Pilotprojet ze maache mat enger Evaluatioun, wou een dann eventuell kuckt: Wann dat net esou geet, wéi ee wëllt, da kann ee jo eppes anescht maachen, et ofschafen – wéi och ëmmer. Mir wëssen awer, datt dat jo d'Realitéit net ass.

Mir hunn d'Impressioun, datt hei just de Formule vum Pilotprojet benotzt gëtt, fir d'UNO-Konventionne ze contournéieren – en experimentelle Projet, deen een iwwert d'ganz Land mécht, wou een eng ganz Chaîne en place setzt, wou duerno Aarbechtsplazen dovunner ofhänken. Do wësst Der, wéi schwierig et ass, dat erëm ze änneren, fir dat erëm ëmzedréinen, wann een dann och negativ Konklusiounen hätt.

Dofir soe mer just: Hei gëtt op eng onprofessionell Aart a Weis virgaangen. An et gëtt probéiert, déi Konventionne ganz einfach ze contournéieren.

Mir stinn als CSV nach wie vor hannert der Legaliséierung fir medezinnesch Zwecker. Dat ass net a Fro gestallt. Mee wann d'Regierung och nach zéng aner Argumenter ufëiert – fir d'CSV ass et kloer: Soulaang déi Froen iwwert de Schutz vun de Jugendlechen an hirer Gesondheet net nëmmen net geléist, mee och nach an der Konsequenz bei dësen Texter verschlechtert ginn, kënnen mer a kengem Fall esou engem Projet zoustëmmen, weeder an der éischter nach an der zweeter Etapp!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Super!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Wiseler.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministersch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, schéine gudder Mëtten alleguerten.

Une voix | Gudde Mëtten!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Mëtten, voilà! Ech si frou, dass mer haut kënnen heiriwwer diskutéieren, och wann, wéi erwaart, déi Diskussiounen alles anescht wéi roueg oflafen.

Ech wollt awer vläicht e kuerze Schratt no hanner maachen. Mir hunn e Gesetz am Moment, en Drogengesetz, dat ass vun 1973. Mat heescht, mir, genau wéi eng sëllegen aner Länner, verfollegen elo säit 50 Joer eng Drogopolitik, déi drop ausgeluecht ass, déi ze kriminaliséieren, déi d'Droge konsumméieren, an déi ze kriminaliséieren – zu Recht –, déi d'Droge verkafen.

Wat constatéiere mer?

Hunn de Konsum an d'Vente vun Drogen ofgehall an deene leschte 50 Joer, peu importe d'Regierung, déi um Pouvoir war, sief et hei oder an anere Länner? An d'Äntwert ass: Nee!

Huet d'Qualitéit vun den Droge sech verbessert an deene leschte 50 Joer mat deem dote System? An d'Äntwert ass: Nee!

Si manner Jugendlecher a Kontakt mat Droge komm an deene leschte 50 Joer? D'Äntwert ass och do: Nee!

Hu mer e Problem vu Chaînen, vu Mënschenhandel uechter d'Welt, wou Leit exploitéiert ginn, fir Drogen unzeplanzen, fir Drogen ze verkafen, fir Drogen hierzustellen, fir Droge vun A op Z ze bréngen? Och do hu mer e Riseproblem, deen haut nach ëmmer besteet.

Dat heescht, d'Konklusioun ass déi – an dat ass jo net déi just vun der Lëtzebuerger Regierung oder déi vun eise Parteimemberen, wéi dat elo vläicht hei ugeklongen ass –, dass deen dote Wee, fir mat den Drogen ëmzegoen, en absolutten Echec ass.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Et fonctionéiert net! An dat kënn mer elo schérieden, mir kënnen dergéint sinn, mir kënnen Verbueter ausschwätzen. Et fonctionéiert net! An duerfir muss ee sech trauen, aner Weeër ze probéieren.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | A mir sinn net eleng op deem dote Wee. An natierlech kann een elo all eenzelt Wuert vun engem Text auserneplécken, et kann een iwwer alles diskutéieren, wat mer elo hei proposéiert hunn, mee et muss een awer no Solutiounen sichen. An dat ass eigentlech dat, wat mer wëlle maachen, souwuel mat der éischter Etapp, wéi och mat der zweeter. An ech wollt awer nach eng Kéier notéieren, dass mer hei eigentlech just iwwert déi éischt Etapp ofstëmmen, an net iwwert déi zweet. Mee dat ass awer dee Wee, dee mer wëlle goe fir ze probéieren: Wéi kënn mer aner Weeër goen?

Da stelle mer fest, dass d'Konsumenten, wa se um Schwaarzmarkt ënnerwee sinn, engem extreem héije Risk ausgesat sinn – an och bei Drogen, wou dat vläicht fréier net esou de Fall war: beim Cannabis. Si gi gestreckt mat anere Substanzen, déi all déi Problemer, déi virun opgezielt gi sinn, déi de Cannabis ka mat sech bréngen, absolutt verstärken. Et weess een net, wéi ee Grad vun THC de Cannabis huet, deen een um Schwaarzmarkt keeft. A virun allem: Et ass een a Kontakt mat Leit, déi kriminell Filière bedriewen!

Elo kann een dat alles ignoréieren! Elo kann een einfach soen: „Mir maache weider wéi bis elo. Et huet jo bis elo fonctionéiert“, och wann et net fonctionéiert huet, „an duerfir wëlle mer net eis trauen, en anere Wee ze goen.“ Mir – dës Regierung –, mir sinn der Meinung, dass mer dat net kënn maachen, dass mer

mussen aner Weeër sichen an dass mer müssen aner Solutiounen sichen, well déi Solutiounen, déi déi lescht 50 Joer hei benotzt gi sinn, einfach net fonctionéieren!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Dann ass nach en anert Element, wou et mech awer och wonnert bei verschiddene Leit, déi dann ëmmer fir d'Fräiheet vum Eenzelnen astinn. An duerfir hu mer hei probéiert, en Equilibre ze fannen tëschent, op där enger Säit, eeben net eppes ze verharmlosen ... Wa mer eppes wëllt verharmlosen, da géife mer soen: „Et ass ganz egal, mir brauche kee Kader. Jiddweree soll Cannabis konsumméieren, uplanzen, domat maachen, op wat e Loscht huet.“

Dat maache mer hei net! Mir hunn eis Reegele ginn. Et gëtt gesot: „Et gëtt doheem konsumméiert.“ Et gëtt gesot: „Et däreft just véier Planze pro Stot sinn.“ Natierlech hätt mer dee „pro Stot“ kënnen erausloossen, mee da wier et net „véier Planze pro Stot“, da wier et „véier Planze pro erwuesse Persoun“. A wat Der méi erwuesse Persounen an engem Stot hutt, wat Der natierlech méi Planzen hutt! An da wiert Der relativ séier op vläicht 16, 20 Planzen, déi Der doheem kéint hunn. Vlächtt hätt Der dat léiwer gehat. Ech sinn der Meinung, dass et besser ass, dass mer dat net gemaach hunn!

Firwat soe mer: „Et däreft net vun dobausse visibel sinn“? Mee dass een eebe grad och erëm seet: „Et huet näischt am ëffentleche Raum verluer“, dass een och grad seet: „Et geet net drëm, dass een elo op eemol bei en aneren eppes plécke geet, mee dass een et awer am Privaten hält“. Well dat heiten ass eng Fro vu Fräiheet, vu perséinlecher Fräiheet, wat een doheem – bei sech doheem! – eleng dierf maachen.

An do ass jo och dat ... Ech wëll just ... Natierlech huet de Staatsrot Froen opgeworf a sengem Avis. Mee fir d'éischt emol: Et ass keng Opposition formelle op där internationaler Fro, well se och nämlech dat ervirsträchen, wat mer och scho mat Iech hei schonn diskutéiert hunn: dass déi Analys guer net esou eendeitig ass. Et gëtt d'ailleurs och Jurisprudenzen, notamment an Italien, déi soen, dass d'Fräiheet vum Eenzelnen, wou een doheem – an engem geuerdnete Kader bei sech doheem – ka Planzen uplanzen, eeben och iwwert déi international Konventionne prevaléiert.

An ech sinn natierlech och ëmmer erëm frou ze héieren, wéi wichteg déi international Konventionne – spréich: also och déi europäesch Texter – enger ADR zum Beispill sinn. Ech wäert mer dat dann och verhale fir zukünftige Diskussiounen.

(Interruptions)

Wat awer ass: Mir hunn hei eng éischt Etapp. Jo, mir hätten extreem gär eng zweet Etapp nach hannendrugehaang. An dat – dat ass jo och elo ugeklongen – huet och näischt mat Manko u Courage ze dinn. Soss hätt mer jo net déi zweet Etapp proposéiert.

Et ass d'ailleurs och – fir dat nach kloerstellen, et ass zwar en Detail -: Dat, wat mer zu dräi Ministerinnen a Ministere presentéiert hunn, dat ass dës zweet Etapp! Deen heite Projet de loi hunn ech eleng presentéiert, an d'ailleurs och net, wéi dat och vlächtt ugeklongen ass, virun dräi Wochen, mee: Virun iwwer engem Joer ass en deposéiert ginn.

A mir sinn eeben elo um Enn vum legislative Prozess. Dat heescht, et ass och näischt, wat iwwert de Knéi gebrach ginn ass, fir elo nach séier kënnen eppes ze stëmmen. Annerhalleft Joer virun dem Enn vun der Legislaturperiod ass deen Text hei op den Instanzewege gaangen. Wann dat iwwert de Knéi gebrach ass oder wann dat just nach ass, fir eppes ze maache kuerz virun de Walen, da froen ech mech awer, wéi

mer dat heiten aschätzen an och d'Aarbecht hei an der Chamber dann aschätzen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler (CSV) | Domat hu mer de Projet pilote gemengt, dee virgestallt ginn ass.

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Nee, nee, nee! Nee, ech schwätze vun der Interventioun vun deem éischte Riedner vun haut, deen dat doten och scho gesot hat.

Dann zu dem Punkt: „Et huet kee Mënsch dat do gefrot.“ Entschëllegt! Ech souz hei nach a menger Fonctioun als Deputéiert bei enger Petitioun, wou et ëm d'Legaliséierung vum Cannabis gaangen ass! Déi Petitioun – ech hunn et elo virdrun nach eng Kéier séier nogekuckt – ass vun iwwer 7.000 Leit deemools ënnerschriwwen ginn.

Dat heescht, fir elo ze behaapten, et géife just – wat d'ailleurs och eng speziell Behauptung ass – Saache gemaach gi wéinst Membere vu Parteien, fannen ech e bëssen ...

(Interruption)

... eng Frechheet vis-à-vis vun deene Leit, déi sech fir deen dote Punkt agesat hunn, scho Joren.

M. Charles Margue (déi gréng) | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Déi Communautéit existéiert! Si ass reellement do. Mir hu se och hei scho gehéiert. An natierlech wär ech och frou gewiescht, deenen Demandë voll Rechnung ze droen, mat engem Konzept, dat vun A bis Z eebe géif fonctionéieren. Un deem Konzept ass elo eng Rei Jore geschafft ginn.

Do dertëscht louch – ech weess, et gëtt gäre vergiess, wann et drëms geet, ze kritiséieren –, mee do louch eng Pandemie dotëscht, wou e Gesondheitsministère awer wierklech all seng Ressourcen, an nach méi, dorobber gesat huet, fir déi Pandemie ze bewältegen. Déi huet eis laang alleguerte beschäftegt. An dass dee Moment net op deem Text geschafft ginn ass, dat schéngt mer awer och evident – d'autant plus, wa mer jo elo gesot kréien, et géif jo awer vill méi wichteg Texter gi wéi deen heiten. Dofir kann ech déi dote Kritik och net am Raum stoe loossen.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Mir hunn dat Konzept. Et existéiert. Natierlech mécht eng nächst Regierung domadder, wat se fir richtig hält. Natierlech kann eng nächst Regierung fannen, dass déi Drogepolitik vun de leschte 50 Joer déi richtig war. Natierlech kann een dovunner ausgoen, dass e Schwarzmarkt weider um Liewen ze halen, de Konsument negativer Qualitéit aussetzen dee richtige Wee ass. Mir sinn net der Meinung, dass dat dee richtige Wee ass!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Nach e Wuert zu de Mineuren. Also, et gëtt esou vill och do erëm ze soen. Ech kucken eng Kéier hei op meng Riednerzäit. Ech fannen et scho speziell ze behaapten, dat hei wär elo eng Verherrlechung vun eppes, well et ass och immens kontradiktöresch. Op där enger Säit sot Der eis: „Et ass Wischiwaschi. Et geet net wäit genuch. Et ass guer näischt.“ Op där anerer Säit sot Der eis: „Et ass eng Verherrlechung vun eppes.“

(Interruption)

Et ass eng éischt Etapp! Et ass e klore Kader. An et geet eebe grad drëm, dee Kader ze accompagnéieren mat der Warnung, dass et net anodin ass. Nach eng Kéier: Wann et anodin wier, da géife mer net esou e

Kader ronderëm bauen. Da géife mer soen: „Maacht alleguerten, wat Der wëllt.“

An ob Der dat wëllt héieren oder net: D'Mineure consomméieren haut scho Cannabis! An dat ass net gutt! Dat ass eng Katastroph fir hir Gesondheet. Deemno wéi et sech auswierkt, kann dat dramatesch Konsequenzen op d'Liewen dono hunn.

An duerfir – de Pim Knaff huet et jo schon opgezielt –: Um Niveau vum Educatiounsministère sinn eng Hellewull u Mesüeren, déi net eréischt säit geschter existéieren, mee déi natierlech ëmmer weider musse verstärkt ginn, fir eis Jonk ze stäerken! Well dat ass deen eenzege Wee! Et ass net duerch e Verbuet vu Cannabis, wou mer déi Jonk gestärkt kréien a wou mer déi Jonk ewechgehalen kréien vum Cannabis, oder och vum Alkohol d'ailleurs!

Et ass doduerch, dass mer staark Perséinlechkeeten aus hinne maachen, dass se kënnen bewosst eng Decisioun huelen, dass se net matgerappt ginn an deen doten negative Strudel an dass se kënnen Nee soen zu Drogen, awer och zu Alkohol! Well vill vun deem, wat hei gesot ginn ass, dat kann een eent zu eent op den Alkohol bezielen!

Une voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | An ech soen net, mir sollten den Alkohol verbidden. Loin de là! Mee ech fannen awer, dass et eng hypokritesch Attitud ass, fir op där enger Säit eppes ze hunn, wat esou an eisem Alldag verankert ass, wou mer wëssen, dass ganz vill problematesche Konsum an eiser Gesellschaft ass, an d'ailleurs och bei de Mineuren, an da bei eppes anerem, wat och negativ Konsequenzen, och virun allem fir Mineuren, huet, ze maachen, wéi wann elo géif d'Welt ënnergoen, wann een elo därer doheem véier Planzen hunn.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Zu der Utilisatioun virun de Mineuren: Do ass et jo d'selwecht wéi mat anere Saachen, an och „doheem un de Cannabis knabbere goen“.

(Interruptions)

Ech weess net, wéi dat bei Iech ass, mee et gëtt jo lauter Substanzen an engem Menage, déi net fir kleng Kanner geduecht sinn an net fir Kanner geduecht sinn!

(Interruption)

Vum staarken Alkohol iwwer Produite fir ze botzen gëtt et eng sëllege Produiten, wou den Erwuessenen alles muss maachen, dass d'Kanner weeder dru knabbere ginn nach et ausdrénke ginn. An, ech mengen, den Historique bei den Urgencë weist, dass dat leider heiansdo awer passéiert. Mee dat ass genausou hei d'Responsabilitéit vun den Elteren, wéi dat bei anere schiedleche Produiten ass, déi doheem sinn.

Dat selwecht gëllt fir d'Zesummeliwien doheem. Et ass gesot ginn: „Jo, mee wat maache mer dann elo, wann deen ee wëllt eppes uplanzen, an deen aneren ass do dergéint?“ Mee déi selwecht Fro stellt sech vun der Dekoratioun dobannen, iwwer „wat gëtt giess a wat gëtt gekacht?“ bis hin zu sellegen aneren ...

M. Gilles Roth (CSV) | Kache steet awer net ënner Stroff!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Et steet jo och net ënner Stroff, ob Der Iech eens gitt oder net, ob véier Planzen doheem sinn. Et ass gesot ginn: „Dat do ass e Problem, well da muss ee sech och nach eens ginn, wann deen ee wëll an deen anere wëll net.“ Déi Fro stellt sech am Zesummeliwe konstant bei engem doheem – konstant!

M. Charles Margue (déi gréng) | Très bien!

(Interruptions)

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | An dat heiten ass eeben eppes, wou ee sech zesummen als Famill, als Menage muss eens ginn: Wëlle mer dat oder wëlle mer dat doten net?

Une voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Voilà! Ech mengen, et kann een alles zerrieden. Ech verstinn och, dass een hei Problemer domadder huet. An ech verstinn och ganz éierlech d'Leit, déi Angscht hunn! Dat ass mir ... Ech hu Respekt do virdrun. Mee et geet hei eeben drëm, dass mer et deene Leit, déi konsuméieren – an de Konsum ass reell, et ass déi illegal Substanz, déi am meeschten zu Lëtzebuerg konsuméiert gëtt –, erlaben, dat ënner uerdentleche Konditiounen ze maachen, net méi an net manner.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch Sam Tanson. Parole après ministre fir den Här Gilles Roth, an duerno den Här Marc Goergen.

M. Gilles Roth (CSV) | Jo, ech hunn elo d'Madamm Justizminister héieren. Si ass op viles agaang. Viles deelen ech net, well et fir mech awer en Ennerscheid ass, ob ee sech eens ass, wat ee kacht, oder oneens ass, wat ee kacht. Mee wann ee sech net eens ass, ob ee fënnef Planze géint d'Rechtsbestëmmungen uplanzt oder net, dat ass eppes aneres, well da spillen nämlech Strofbestëmmungen.

A wa mer bei de Strofbestëmmunge sinn, Madamm Tanson, da wier ech frou, op déi Fro, déi ech gestallt hunn, ...: Wann de Polizist dann elo entdeckt, dass do fënnef Planzen op engem Balcon sinn: Wat muss e maachen, fir kënnen an déi Wunneng ze goen, oder kann e guer net eragoe wéinst der Inviolabilité vum Domicile?

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Roth. Da vläicht direkt den Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci. Ech wollt nach kuerz op d'Petitioun hei kommen an der Parole après ministre, well wann et déi selwecht ass, déi Dir erausgesicht hutt, mat 7.000 an eppes, do stoung ganz kloer „Legalisierung des Cannabis mittels Coffeeshops“, ...

(Interruption)

... mat 5 Gramm a mat 500 Gramm. Dat ass awer null, wat Der elo gemaach hutt!

M. Sven Clement (Piraten) | Très bien!

M. Marc Goergen (Piraten) | Dat ass null ... An Dir hutt vun der Petitioun, dovunner null erfëllt! Dat heescht, Dir kënnt Iech net op déi Petitioun beruffen. Dat ass nämlech de Problem, dee mir dermat hunn: dass Der hei net wäit genuch gaange sidd an deem ganzen Theema. Well d'Petitioun huet eppes ganz aneres gefrot an ech mengen, och d'Gesellschaft freet dobaussen eppes aneres.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. Da ginn ech d'Wuert zréck un d'Madamm Justizministesch.

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo. Also, zu deser leschter: Ech hunn dat jo och gesot. Ech hu gesot, ech wier frou gewiescht, wa mer deem komplett hätte kënnen Rechnung droen. Mee ech hunn drop geäntwert, op déi Fro, dass gesot gëtt: „Et ass kee Mënsch, deen dat dote wëll. Et ass kee Mënsch, deen



dat dote freet.“ Ech mengen, dass dat net richtig ass. Well dat do huet gewisen, dass vill Leit eng aner Politick, en aneren Émgang mat den Droge wéilten hunn.

Déi aner Fro hate mer och schonn an der Justizkommissioun diskutéiert. Do spillt déi nei, déi selwecht Reegel vun der Procédure pénale. Wann e Flagrant délit besteet, da spillen d'Reegelen, wou ee ka bei een eragoen, wann de Strofsaz héich genuch ass, fir kënne bei een eranzegoen. Mee da muss awer de Flagrant délit erfëllt sinn!

(Interruptions)

M. Gilles Roth (CSV) | Wann eng Planz do steet an et sinn der fënnel, entschëllegt, am plaz véier. Ass dann e Flagrant délit do oder net?

Mme Sam Tanson, Ministère de la Justice | Ma da muss een dat jo emol nach gesinn.

(Interruption)

Da muss een emol ... Dat ass jo net ...

Plusieurs voix | A!

Mme Sam Tanson, Ministère de la Justice | Ma neel! Ma, de Polizist weess jo net, wivill Planzen dann dee Moment bei engem doheem sinn!

(Interruptions)

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Justizministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8033. Den Text steet am Document parlementaire 8033¹².

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Et sinn der nawell vill net do déi aner Sait.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8033 et dispense du second vote constitutionnel

M. Fernand Etgen, Président | D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 38 Jo-Stëmme géint 22 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mme Barbara Agostino (par M. Gilles Baum), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas (par Mme Carole Hartmann), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Frank Colabianchi), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closeener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Léon Gloden) ;

M. Fernand Kartheiser.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

An ech mengen, elo si mer hongereg.

Plusieurs voix | A!

M. Fernand Etgen, Président | Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtten um 14.30 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 12.39 heures.)

56^e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

Sommaire

- | | | | |
|--|---|---|--|
| <p>1. Ouverture de la séance publique
M. Fernand Etgen, Président</p> <p>2. 8150 – Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003
Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Guy Arendt
Discussion générale : M. Léon Gloden M. Mars Di Bartolomeo (interventions de M. Léon Gloden et M. Gilles Roth) M. Charles Margue M. Fernand Kartheiser Mme Nathalie Oberweis M. Sven Clement M. Gilles Roth Mme Simone Beissel M. Sven Clement
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État M. Sven Clement (parole après ministre)
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8150 et dispense du second vote constitutionnel</p> <p>3. 8036 – Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires
Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Charles Margue
Discussion générale : M. Léon Gloden M. Guy Arendt M. Mars Di Bartolomeo M. Fernand Kartheiser Mme Nathalie Oberweis M. Sven Clement
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8036</p> <p>4. 8037 – Proposition de loi relative aux propositions motivées aux fins de légiférer
Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Mars Di Bartolomeo
Discussion générale : M. Léon Gloden Mme Simone Beissel M. Charles Margue M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Dan Kersch et M. Yves Cruchten) Mme Nathalie Oberweis M. Sven Clement</p> | <p>p. 55</p> <p>p. 55</p> <p>p. 58</p> <p>p. 61</p> | <p>Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement</p> <p>Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8037 et dispense du second vote constitutionnel</p> <p>5. 8036 – Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires (suite)
Dispense du second vote constitutionnel</p> <p>6. 8181 – Proposition de loi portant modification : 1^o de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 ; 2^o de la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle
Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Charles Margue
Discussion générale : M. Léon Gloden M. Guy Arendt M. Mars Di Bartolomeo M. Fernand Kartheiser Mme Nathalie Oberweis M. Sven Clement
Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement
Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8181 et dispense du second vote constitutionnel</p> <p>7. 8056 – Projet de loi portant modification : 1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice ; 2^o de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat
Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue
Discussion générale : M. Léon Gloden M. Guy Arendt M. Yves Cruchten M. Fernand Kartheiser Mme Nathalie Oberweis M. Marc Goergen
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice</p> | <p></p> <p></p> <p>p. 64</p> <p></p> <p>p. 64</p> <p></p> <p>p. 66</p> |
|--|---|---|--|